

schlussendlech och, mengen ech, ëm eng Problematik, där mer eis alleguer, an esou hunn ech déi fënnel Riedner hei verstanen, bewusst sinn. Well mir sinn amgaangen heiansdo e bëssen an eisem nationalen Débat ze vergiessen, ëm wat et eigentlech an der Fro hei geet. Nämlech ëm de Klimawandel, an net heiansdo ëm déi – ech soen dat mol e bëssen esou cru – Épiciersdiskussiounen, déi mir eis leeschten.

D'Regierung huet dat an deene leschte Wochen, ech wëll bal soen, an deene leschten Deeg, an enger Rei vu Kontributiounen och kloer gemaach. Net méi spéit wéi bei der siwenter Aktualiséierung vun eiser Kontributioun zum Pacte de stabilité huet d'Regierung zu Bréissel kloer gemaach, dass se déi Zilsetzungen am Rahme vum „burden-sharing agreement“ um Niveau communautaire integral wäert respektéieren.

An ech géing lech och verweisen op eis Kontributioun am Rahme vun der Lissabonner Strategie, wou och kloer gemaach gëtt an dem Beitrag 11 vun där Kontributioun, dass mer virun allem drop hiweisen, dass d'Inaktioun am Émweltschutzberäich an am Klimaschutzberäich fir d'Ekonomie, fir eis volkswirtschaftlech vill méi Schued wäert urichte wéi déi Moyenen, déi mer elo brauchen, fir Preventioun an där Richtung ze maachen. Ech mengen, och dat ass relativ kloer.

An deenen Zuelen, déi engem virleien, gëtt et och evident, dass d'IPCC, déi e bëssen de „Kontroll-Panel“ um Niveau vum „climate change“ ass, kloer gemaach huet, dass d'Käschte vun enger Erhéijung vun der Temperatur ëm 2,5°C hin zu ongeféier 4°C säit der Industrialiséierung géif ongeféier 1,5% bis 2% vum globale BIP duerstellen.

D'Association of British Insurers – dat ass also net Greenpeace – huet nach viru kuerzem kloer gemaach, dass eleng de verursachungen an Europa 150 Milliarden US Dollar pro Joer u Käschte wäert provozéieren. Ech mengen, domadder gëtt et kloer, dass mer um Niveau vun eiser Volkswirtschafte mussen oppassen, dass mer d'Inaktioun net vill méi deier bezuelen, wéi wa mer elo versichen eis Ziler, natierlech prioritär duerch national Moossnamen, awer och doriwwer eraus, anzehalen.

Ech wëll dräi kuerz Bemierkunge maachen. Déi éischt, dass et mech wierklech ëmdreift, wat ech virdu gesot hunn, dass mer net méi gesinn, ëm wat et schlussendlech beim Klimawandel geet. Et sinn hei eng Rei vun Entwécklungen aus deene leschte Jore vun de Virriedner kloer gemaach ginn.

2005 war och an Europa eng Period vu Rekordreen um Niveau vun den Alpen, verheerend lwwerschwemmungen a Bulgarien, eng Hëtzwell an eng Drécheperiod, wéi nach ni gesinn, a Spuenien an a Portugal.

D'Max-Planck-Institut huet klorerweis festgestallt, dass 2005, an de Kolleeg Oberweis huet et scho gesot, dat wuel wärmste Joer iwwerhaupt wäert sinn, an dass bis 2100, wa mer net géigesteieren, mer eng Äerderwärmung wäerte kréie vun 2,5°C bis 4,1°C an en Usteige vum Mieresspiegel vun 21 cm bis 28 cm, wat verheerend Folgen op d'Landwirtschaft an och op d'Délocaliséierung vun honnertausende vu Mënsche wäert hunn.

Net méi spéit wéi virun zwou Wochen huet d'Weltgesundheitsorganisation kloer gemaach, dass elo schonn eng Erwärmung vun 0,7°C, a mir sinn an Europa bei 0,9°C an der Tëschenzäit ukomm, pro Joer 150.000 virzäiteg Doudesfäll provozéiert, a fënnel Milliounen Erkrankungen op de Konto vum Klimawandel ginn.

Ech mengen och, dass et dobaussen, ouni elo domadder lwwerdrei-

wungen ze maachen, déi et jo sêcherlech an där Diskussioun och heiansdo gëtt, eestëmme feststellen ass, dass d'Gletscheren amgaange sinn ze schmëlzen – dat weisen all Fotoen, déi an deene Beräicher gemaach ginn –, dass d'CO<sub>2</sub>-Konzentratioun an der Atmosphär nach ni esou héich war, an dass déi global Erwärmung weidergeet. Dëst net zur Kenntnis huelen, wär net nëmmen naiv, mä virun allem irresponsabel. Dëst hunn iwwerens am Juni dëst Joer d'Wëssenschaftsakademië vun alle groussen Industrienatiounen festgestallt. Fir d'éischte Kéier hunn deen Text an dee Constat och d'Akademien aus China, aus Indien an och aus Brasilien ënnerschiwwen a matgedroen.

Et gëtt och en Däiwelskrees, an dat ass de Mëtten hei scho gesot ginn, tëschent Aarmut, Émweltzerstéierung an Hunger. Ech mengen net, dass dat eis kal soll loossen, an och net kal soll loossen déi ongerecht Verdeelung vun den Energieressourcen, wann ee gesäit, dass 20% vun der Mënschheet am Occident 80% vun de Weltressourcë verbrauchen, an dass haut nach e Chinees ongeféier e Véierel vun deem émettéiert, wat mir hei zu Lëtzebuerg pro Awunner an d'Loft eraus émettéieren.

Zweetens, ech mengen, dass et ze vill einfach ass, an de Kolleeg Mehlen huet dat och nach eng Kéier daitlech gemaach, déi -28%, zu deene mer eis verschriwwen hunn, haut dohinner ze stellen als deemools naiv oder als e Feeler. Herno alles besser ze wëssen, dat ass jo bekanntlech ëmmer méi einfach. Et muss een awer vläicht drop hiweisen, an heibanne wäerten déi meescht Kolleeginnen a Kolleegen schonn eng Kéier eng Motioun oder e Gesetz matënnerzeechent hunn, wou déi -28% festgeschriwwen waren. Fir d'lescht war dat den 31. Mäerz 2004 beim Hearing iwwert den éischten Allocatiounsplang. Eng zweete Kéier war dat d'lescht Joer am Dezember, wou mer hei d'Direktiv iwwer Kyoto ugeholl hunn.

De Kolleeg Negri huet zu Recht festgestallt, dass 1997 bei der Diskussioun iwwer Kyoto hei am Haus souguer d'Chamber eng Motioun eestëmme ugeholl huet, fir -30% ze fuerderen. Duerfir, mengen ech, wär et gutt, wa jiddferen hei eng gewësse Bescheidenheet un den Dag leet, fir haut op déi mam Fanger ze weisen, déi deemools d'Ënnerschrëft zu Kyoto gelescht hunn.

Ech wëll och daitlech maachen, dass 2004 an der Diskussioun iwwert den éischten Allocatiounsplang, dat mat eisen Entrepreneuren, déi ënnert d'Direktiv falen, an engem ganz gudden Dialog an an enger ganz gudder Concertéierung geschitt ass. Ech mengen, et ass keng Entreprise deemools léseiert ginn. An och haut nach hu mer eng Reserv vun 125.000 Tonnen Emissiounen an eisem Allocatiounsplang drastoen. Dat entsprécht ongeféier där neier Walzstrooss, déi mer zu Belval viru kuerzem ageweit hunn.

Ech denken, dass mer eis och d'nächst Joer mat de Betriber zesummesetzen, fir den zweeten Allocatiounsplang, deen da fir 2008-2012 gëllt, virzebereeden an a Partnerschaft mat den Entrepreneuren zesummen ze maachen, an och zesumme mam Wirtschaftsminister, deen, mengen ech och kënnen ze soen, déi Ziler vu Kyoto ganz kloer matënnerschreift – och wann en d'Recht huet, an dat respektéieren ech och, fir hinzewisen, dass et immens schwierig wäert sinn, fir net ze soen onméiglech, an doriwwer gëtt et keen Zweifel, – dat hunn ech iwwerens op der Ökofoire a menger Ried ganz daitlech gesot –, fir mat rengen nationale Reduktiounen zu deenen Zilsetzungen do ze kommen.

Déi drëtt Bemierkung, déi ech wëllt maachen, sinn d'Ziler. D'Situatioun ass e bësse beschriwwen ginn. Mir

wäerte wahrscheinlech am Moment bei ronn 13 Milliounen Tonnen Emissiounen d'Joer leien. Dovunner kann een ausgoen. Dat ass +5% par rapport zu 1990. Mir wëssen, an och dat ass de Mëtte gesot ginn, dass et de Secteur vum Transport ass, net dee vun der Industrie, deen eis déi gréisste Problemer schafft.

Wann ee gesäit, dass d'Industrie an der Period vun 1990 bis 2004 vu 7,2 Milliounen Tonnen zrëckgaangen ass op 2,6, an an deemselweche Rahmen den Transport ëm 54% an d'Luucht gaangen ass, da weist dat, wat eisen eigentleche Problem duerstellt. Duerfir gëtt et eng kloer Rechnung, dass mer wëssen, wa mer 9 Milliounen Tonnen nëmmen dierfen errechen, dat ass dann -28% par rapport zu der Situatioun vun 1990. Dat heescht, dass mer ronn 5 Milliounen Tonnen d'Joer wäerten dépaséieren. An där Period 2008-2012, déi fir eis déi eigentlech Kyoto-Period ass, heescht dat, dass mer 25 Milliounen Tonnen iwwert där Zilsetzung leien.

Et ass och keen Trouscht lech ze soen, dass och vill aner Länner an Europa an darselwechter Situatioun sinn. Mir hunn haut +5% par rapport zu der Zilsetzung, mat engem Reduktionszil vu -28%. Ech wëll lech soen, dass Éisträich en Objektiv huet vu -13% par rapport zu 1990, an haut bei +16,6% läit; dass Dänemark en Objektiv huet vun 21%, wat also no un eis erugeet, an och haut bei engem Plus steet vu 6,3%; dass zum Beispill Italien en Objektiv huet vu -6%, haut bei +11,6% läit; oder dass Spuenien – an dann halen ech op – bei engem Objektiv läit vun enger Reduktioun vu -15%, an haut läit bei engem Plus vu 40% par rapport zu Lëtzebuerg, déi bei 5% leien. Ech mengen, et ass also wichteg och ze gesinn, dass déi Diskussioun, déi mir hei féieren, net eleng eng Situatioun ass, déi hei zu Lëtzebuerg herrscht.

Mäi Fazit ass also, mir mussen, engersäits aus völkerrechtliche Grënn, well eis déi Ënnerschrëft eppes wäert ass, awer virun allen, well mer der lwwerzeugung sinn, dass de Klimawandel ee vun de gréissten Défien am 21. Jorhonnert wäert sinn, eng politesch, mä virun allem och eng gesellschaftlech Kraaftustrengung maachen, fir déi Ziler do ze errechen.

En attendant déi potenziell Studie, déi mer amgaange sinn zesumme mam Professor Ewingmann an dem ifo-Institut auszeschaffen, mengen ech, sinn zéng Piste wichteg, un déi mer an deenen nächste Wochen, Méint a Jore musse schaffen.

Déi éischt Pist ass ouni Zweifel déi vum Wunnengsbau. Si ass hei de Mëtteg scho gesot ginn, e Programm fir den Assainissement énergétique vun de Gebaier, d'Promotioun vun den Niddregenergiebauweisen. Ech kann hei soen, dass deen neie Förderprogramm op e ganz groussen Echo, besonnesch am Beräich vun Niddregenergie- a Passivhäiser, amgaangen ass ze stoussen.

Mä, ech mengen och, dass d'Gemengen eis mussen hëllef, fir Virgabe bei der Planung vu Lotissementer all am Rahme vun hire P.A.G.en ze maachen, fir hei Standarden am Niddregenergieberäich musse festzeleeën. Dat wëlle mer an deenen nächste Wochen och mat de Gemengen diskutéieren, souwäit et och kloer ass, dass déi zwou Direktiven iwwert d'Performance énergétique an déi vun der Wärmeschutzuerdnung vum Wirtschaftsminister ufanks 2006 virgeluecht ginn, fir zu enger Ëmsetzung dann ze kommen.

Zweetens ass et wichteg, am Beräich vum Energiespueren all

Ustrengungen ze maachen, zesumme virun allem och hei mat de Gemengen.

Drëttens wäert et wichteg sinn d'Partnerschaft mat de Betriber ze sichen. Net nëmme bei dem zweeten Allocatiounsplang, mä ech mengen och bei den Energie-Auditen, oder bei den Accord-volontairen, déi et an deem Beräich gëtt. Workshoppen, déi mer amgaange sinn ze maache mat der OAI, mat der Federatioun vun den Industrielien a vun den Artisanen, weisen, dass et hei e ganz grouse Besoin u Formatoun an u Weiterbildung gëtt.

Véiertens, d'erneierbaren Energien, wou mer méi gesat hunn an deem neie Regime op thermesch Anlagen, well déi eis an der Kyoto-Bilanz och tatsächlech eppes bréngen.

Mä, ech mengen, et gëtt och déi Potenzialen um Niveau vun der Strategie. An hei mengen ech, fënnel, dass mer am IVL all Plansectoriellë mussen och der Zilsetzung vum Klimawandel ënnereleeën. Souwuel, wa mer iwwert de Plan sectoriel „logement“ schwätze wéi iwwert dee vum Transport, muss et kloer sinn, dass mer d'Zilsetzungen dann och där Zilsetzung vun 28% Minus mussen ënnereleeën. Am Plan sectoriel „logement“ geet et also net nëmmen drëm ze kucken: Wuer kënn mer weider bauen? Mä et geet och drëm: Wéi wëlle mer an Zukunft bauen? An ech mengen, dass déi Froen da wichteg sinn.

Sechstens ass deen Aarbechtsgrupp, deen ugefaangen huet ze schaffen iwwert d'Taxatioun vun den Autoen, wou et elo drëm geet no Schadstoffemissioune ze taxéieren, an net méi no Kubikgréissten.

Siwentens, natierlech dee vun der Promotioun vun dem öffentlechen Transport.

Aachtens, déi Diskussioun, an ech mengen, hei kéint ech dem Här Calmes soen, dass den Institut vum Här Ewingmann amgaangen ass all Donnéeën zesummenzeleeën, fir iwwert dee sou genannte Tanktourismus eng Analys ze maachen, an och ze kucken, wat fir eng Diskussiounen an Décisiounen mer mëttel- a laangfristeg doraus kënnen zéien.

Néngtens sinn natierlech d'Utilisatioun vun de flexibele Mechanismen, CDM- an „joint implementation“-Projeten.

Et ass hei gesot ginn, am El Salvador si mer amgaangen deen éischten hei fir Lëtzebuerg esouzesoen op der Bourse ze kafen, wéi dat haut geschitt. An ech géing virun enger liichtfankerger Diskussioun warnen, fir elo eis Beiträg am Rahme vu Kyoto ze verwieselen an ze vermësche mat dem Beitrag, dee mer leeschte fir eis Entwécklungshëllef. Dat ass net gutt méiglech, fir net ze soen iwwerhaupt net méiglech, fir hei praktesch eng duebel Berechnung ze maachen.

Et geet net dorëm an d'Regierung denkt net dorunner, fir iwwert dee Wee hei elo eis Entwécklungshëllef erofzesetzen. Wat mer kënn maachen a wat mer haut scho maachen – an der Direktiv ass dat jo decidéiert ginn –, dat ass, dass am Comité vum Kyoto-Fong och Vertreter vun der Kooperatioun do derbäi sinn, fir dass mer eis um Terrain géigesäitig kënnen hëllef. Mä ech mengen, mir mussen an deem, wat mer als Beitrag leeschten, net eng Vermëschnung maachen an dass dat liichtfankerger an och net richtig wär.

A schlussendlech als zéngte Pist ass d'Participatioun u multilaterale Fongen. Mir hunn dofir zwou Misé gezeecht an Héicht vu 15 Milliounen US-Dollaren insgesamt bei der Banque mondiale fir dat ze maachen.

Ech mengen, dat sinn zéng Pisten, souwuel där nationaler wéi där dobaussen um Niveau vun de flexibele Mechanismen, déi eis wäer-

ten erlabe weiderzekommen. Ech mengen awer virun allem, dass et dorëm geet eng gemeinsa Strategie, eng gemeinsa Zilsetzung ze hunn, fir déi -28% ze errechen. Net weinst eisen – wann ech dat nach eng Kéier dierf soen – Épiciersdécisiounen an -diskussiounen, mä um Niveau vun dem Klimawandel, well mer mengen, dass dat eng reell Gefor ass fir d'Mënschheet a virun allem fir déi zukünftige Generatiounen.

Mir sollten elo un d'Ëmsetzung goen a mir sollte profitéieren elo gläich an der Kommissioun an dann och hei am Plenum, wéi den Här Calmes et gesot huet, wa mer bei d'Ëmsetzung vun der sou genannte Linking-Direktiv, wou den Avis vom Conseil d'État elo virläit a wou mer d'Ëmsetzung vun där Direktiv an nationaalt Recht maachen, hei kënnen ze diskutéieren fir weiderzekommen, ze agéieren an zwar – wéi den Här Oberweis et gesot huet – resolut ze agéieren.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun an dee Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5146 iwwert d'Fleegeversécherung. D'Riedezeit ass nom Modell 2 festgeluecht, et si bis elo ageschriwwen d'Madame Stein, den Här Wagner, den Här Braz an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch.

Voilà, d'Madame Lydia Mutsch huet d'Wuert.

Huet lech Är Zäit.

(*Brouhaha général*)

Voilà, ech bieden ëm Opmierksamkeet fir d'Rapportrice.

**3. 5146 – Projet de loi modifiant 1. différentes dispositions du Code des assurances sociales en matière d'assurance dépendance 2. les articles 12, 92, et 97 du Code des assurances sociales 3. la loi du 25 juillet 2005 modifiant 1) le Code des assurances sociales; 2) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois; 3) la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension 4. la loi du 8 juin 1999 relatives aux régimes complémentaires de pension**

**Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale**

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.** - Entschëllegt, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et haut mat engem wichtege Gesetz ze dinn, et geet hei nämlech ëm Adaptatiounen, déi mer virhuelen, zum Fleegeverséierungsgesetz.

„D'Aféierung vun der Fleegeverséierung ass sécherlech fir d'sozial Sécherheet zu Lëtzebuerg en historesche Schratt“, mat dëse Wieder huet de 26. Mee 1998 den deemolege Rapporteur Lucien Lux säi mëndleche Rapport iwwert de Gesetzesprojet fir d'Aféierung vun der Fleegeverséierung ageleet.



D'Aféiere vun dësem neie Pilier vun der Sécurité sociale kann een effektiv als historesch bezechnen. D'Kritiken an d'Polemiken, déi de Projet deemools ervirgeruff huet an déi sech vläicht aus deem politesche Kontext eraus erkläre loos- sen – ëmmerhi stounge mer ganz kuerz viru Wahlen –, goufen eigentlech Lige gestroft. Well haut, sechs Joer méi spéit, no éischte Kannerkrankheeten, mä och no enger ganzer Rëtsch vun Diskussiounen, Consultatiounen a Concertatiounen, kënnen mer soen, dass eis Fleegeversécherung gutt fonctionnéiert an dass d'Grondprinzipien zu kengem Moment a Fro gestallt goufen.

De Projet de loi 5146 war d'Geleeënheet, fir e Bilan ze zéien, fir verschiddentlech op eenzel Kritikpunkten anzegoen, awer och a virun allem fir déi néideg Adaptatiounen virzehuelen.

D'Gesetz iwwert d'Assurance dépendance vum 19. Juni 1998 ass – wéi Der all wësst – den 1. Januar 1999 a Kraaft getrueden. Wéi ofgemaach huet déi deemooleg Ministesch vun der sozialer Sécherheet, d'Mady Delvaux-Stehres, schonn am Mäerz datselwecht Joer en éischten Tëschebilan gezunn, deen am Abrëll 1999 hei an der Chamber diskutéiert gouf. Zweek Joer méi spéit gouf dann no Consultatiounen mat den implizéierten Acteuren e globale Bilan gezunn, deen dann och uganks Mee 2001 hei an der Chamber debatéiert gouf.

Déi verschidde Remarquen a Kritike sinn dunnt an de Projet de loi 5146 agefloss, deen den 20. Mee 2003 deponéiert gouf. Am Laf vun de leschte Méint huet de Minister vun der sozialer Sécherheet de Projet duerch eng Rei Amendementer nogebessert an d'Chamberskommissioun huet no de Stellungnahme vun de Chambres professionnelles a vu verschiddene concernéierten Acteuren – ënner anerem hu mer och d'COPAS bei eis an d'Chamber geruff, d'Confédération luxembourgeoise des prestataires et ententes dans les domaines de prévention, d'aide et de soins aux personnes dépendantes – eng weider Serie vun Amendementer an der Kommission ugeholl.

Ech wëll op dëser Plaz ënnersträichen, dass et am Nachhinein schonn e bëssen erstaunlech ass, wéi d'Opmierksamkeet fir esou e wichtegt Gesetz wéi d'Fleegeversécherung an de Wëllen, fir permanent um Ball ze bleiwe mat deem Gesetz, wann et ëm d'Fro geet, ob ee misst nobesseren, op eemol an de leschte Joren zimlech ofgeholl huet. Mir wëllen heimadder eis Hoffnung ausdrécken, fir dass mer an deenen nächste Joren nach hei mam Minister kënnen iwwert d'Fleegeversécherung diskutéieren. Mä et ass am Fong schonn anticipéiert, well de Minister huet schonn an der Kommission dorop geäntwert, dass mer an deenen nächste Joren hei nach méi oft kënnen mat him zesummen iwwert d'Fleegeversécherung diskutéieren a kontinuéierlech, falls et noutwendeg ass, Adaptatiounen duerchzéien an och Diskussiounen iwwert dëst Gesetz hei féieren.

Dir sidd sécherlech mat mer d'accord, dass dëse wichtege Pilier vun der sozialer Sécherheet hei zu Lëtzebuerg et derwäert ass, dass d'Chamber sech regelméisseg domadder befaasst an och regelméisseg um Ball bleift.

Wéi scho gesot, goufen a gi weder d'Grondausrichtung vun der Assurance dépendance nach déi véier Grondprinzipien, déi och fir eis an der Diskussioun maassgeeblech bliwwen sinn, bei allen Diskussiounen, déi mer gefouert hunn, a Fro gestallt.

Et sinn dëst: Éischtens, d'Prioritéit vun der Rehabilitatioun virun der Prise en charge vun der Dépendance; zweetens d'Prioritéit vum Maintien à domicile virum Placement an enger Institutioun; drëttens

d'Prioritéit vun den Naturleesch- tungen virun de Geldleeschungen; a véiertens d'Kontinuitéit vun der Prise en charge.

Wat d'Detailer vum Projet ugeet, sou muss gesot ginn, dass et sech ëm wichteg Émännerungen an Adaptatiounen dréint, déi zum Deel ganz technesch sinn, dofir awer net manner wichteg, wat déi be- traffe Leit um Terrain ugeet, an och virun allem wat déi concernéiert, déi mat deene fleegebedürftege Persounen am Alldag ze dinn hunn, ugeet.

Ech wëll op dëser Plaz als Rapporteur net op all eenzelnen Detail vun dësem Projet agoen, dat ka jiddfer- een, dee sech dofir interesséiert, nach eng kéier noliesen, well mir hunn eis wierklech an der Kommis- sion mat all deenen Detailer be- faasst a si och zu Pabeier bruecht, sou dass si och am schrëftleche Rapport nogelies kënnen ginn, mä just op e puer Hauptpunkten, op e puer Haaptzich vun dësem Projet de loi.

An deem Zesummenhang ass un alleréischter Plaz de Volet vun der Qualitéit ze nennen, déi eng zentral Roll an dësem Projet spillt.

Virgesinn ass d'Kreatioun vun enger Commission de la qualité des prestations. Dat ass ganz wichteg, well hir Roll wäert et sinn, fir d'Referenzstandarden auszeschaffen, fir Normen ze definéieren, deenen d'Leeschungen, d'Hëllef an d'Fleeg, mä awer och déi tech- nesch Hëlfelefen oder d'Adapta- tiounen vum Logement sollen ent- spriechen. Dës Kommissioun huet also eng virrangeg wëssenschaft- lech Missioun.

D'Kontroll, ob dës Normen am Prakteschen och agehale ginn, gëtt vun der Cellule d'évaluation et d'orientation iwwerholl.

An do derniewent fonctionnéiert och weider d'Commission consul- tative, déi éischter méi eng poli- tesch Vocatioun huet. Erhale bleibt awer och – an dat ass wichteg er- virzeesträichen, well si huet eng ganz wichteg Funktioun – d'Action concertée, dat ass e Comité de pilotage, deen zesummegeat gëtt vun de betraffene Ministère, vu Vertrieeder vun den Organisatioun- en, déi am Beräich vun der Flee- geversécherung schaffen a Vertrie- der vun den Ayants droit. Dëse Co- mité, dee soll de Fonctionnement vun der Assurance dépendance an hire verschiddenen Intervenanten ënnersichen an eventuell och Ver- besserungsvirschléi ausschaffen.

En zweete grouss Punkt an eng grouss Neierung an dësem Gesetz betrëfft déi méi grouss Flexibilisé- rung beim Zougang zu verschid- dene Leeschungen, déi duerch dëst Gesetz erméiglecht gëtt. Esou sinn Dérogatiounen virgesinn zu der Konditioun vum minimale Seuil vun 3,5 Stonn Soinen. An Zukunft ass eng Prise en charge ouni dëse mi- nimale Seuil méiglech, net nëmme wéi bis ewell fir déi technesch Hël- lefen, mä och fir d'Upassung vum der Wunneng oder Projets d'ac- tions expérimentales. Dat ass ganz besonnesch wichteg fir eenzel Fäll an der Praxis.

Doriwwer eraus soll et och an Zu- kunft weider méiglech bleiwen, fir bei verschiddene Krankheeten oder Behënnerungen déi néideg Zäit op forfaitaire Basis flexibel ze definéieren. Dat ass besonnesch bei schwierigen oder bei ganz schwéieren Erkrankungen nout- wendig.

Eng aner wichteg Neierung ass, dass am Kader vun den Natural- leeschungen beim Maintien à domici- le an exceptionnel gravé Fäll déi maximal Stonnenzuel vu 24,5 Stonn bis op 38,5 Stonne kann eropgesat ginn, a bei Fluktuatiounen vun der Ofhängegkeet vun der fleegebedürfteger Persoun wäert et méiglech sinn, op dës Veränne- runge méi prompt ze reagéieren. De Prestataire kann an deem Fall an a gewëssene Limiten d'Leesch- tungen eropsetzen.

Dann en drëtte grouss Volet: Am Sënn vu méi enger grousser Trans- parenz definéiert de Projet déi ver- schidden Etappe vun der Prozedur méi prezis, duerch déi d'Besoinë vun der fleegebedürfteger Persoun festgesat sinn. Och déi verschied- den Dokumenter, déi am Kader vun dëser Prozedur gebraucht ginn – de Rapport médical, de Relevé- type, de Plan de prise en charge an de Plan de partage –, ginn hei méi kloer festgeschriwwen, wat fir all Acteur vu besonnescher Wich- tegkeet ass a wat och fir déi néideg Transparenz an dësem Beräich suergt.

Véiertens. Dëse grouss Beräich betrëfft d'Relatiounen mat de Pre- statairen. Och hei wäert et an Zu- kunft méi kloer Regele ginn. De Projet ënnerscheet dowéinst tëscht dräi grouss Kategorien vu Presta- tairen, jee nodeem, ob et sech ëm Réseauën dréint, déi am Beräich vum Maintien à domicile schaffen, ëm Établissements d'aide et de soin à séjour continu oder Établisse- ment d'aide et de soin à séjour intermittent. Fir dës dräi Beräicher sollen all Kéiers Kaderkonventioun- en ausgehandelt an ofgeschloss ginn, an deenen ënnert anerem och d'Obligatiounen vun de Presta- tairen a Saache Qualitéit festge- schriwwen ginn.

An dann e fënnefte grouss Beräich an och e ganz wichtige: Dat ass dee vun der Prestation en espèces fir den Aidant informel, wou decidéiert ginn ass, an zwar unanime an der Kommissioun, dës Prestation en espèces op der ak- tueller heiteger héijer Valeur, näm- lech 25 Euro d'Stonn, anzefréieren, wat ongeféier dräimol de Salaire social minimum ausmécht. Aller- déngs waren dat elo net déi Haupt- konsideratiounen, mä et ass ein- fach gesot ginn, mir wëllen déi Leit, déi dës onermesslech wichteg Aarbecht um Terrain leeschten, mir wëllen déi net strofen a mir wëllen, dass deen héije Sockel vun de Prestations en espèces bäibehale ka ginn.

Dat war eng grouss Suerg, déi Chamberskommissioun hat, an duerfir si mir och net op de Wee gaangen, deen eng Rei vu Berufs- kummere proposéiert hunn, fir drun ze denken, entweder dësen, vu ville Leit als ze héich ugesinn an ei- sen Aen awer net ze héich ugesa- tene Sockel eventuell, esou wéi de Statsrot et proposéiert huet, un e bestëmmte Sockel zrëck unze- passen. Si hunn dovun geschwat, mengen ech, op 1948 oder 1950 zrëckzegoen an dann eng konti- nuéierlech Indexéierung virzehue- len. Dat hätt bedeit, dass an deem Secteur dës Leeschungen, un déi d'Leit awer gewinnt waren a mat Recht gewinnt waren, dass dës Kontributioun vun deenen, déi dës Aarbecht geleescht hunn, also hätt missen erofgesat ginn an dass trotz enger kontinuéierlecher In- dexéierung se awer ni oder net schnell op dee Sockel komm wien- ren, deen haut op dësem héijen Ni- veau agefruer gëtt, an dat schéngt eis absolut ze justifiéieren ze sinn.

Loosst mech dann um Enn nach e puer Wuert zu der finanzieller Si- tuatioun vun der Fleegeverséche- rung soen. Mir hunn och doriwwer en détail Opschloss kritt an eiser Kommissioun. Am Kader vun den Diskussiounen ronderëm dëse Pro- jet huet de Minister d'Chambers- kommissioun nämlech doriwwer in- forméiert, dass d'Assurance dé- pendance d'lescht Joer, also 2004, eng éischte kéier en Defizit enre- gistréiert huet vu 16 Milliounen Euro respektiv 21 Milliounen Euro no der Alimentatioun vun de Reser- ven. Dat betreffend Joer hat de Stat allerdéngs seng Participatioun exceptionnellement vu 45 op 40% erofgesat. An e Groupe de pilotage soll jo elo d'Grënn vun dësem Defi- zit nach e bësse méi en détail ën- nersichen.

D'Fleegeversécherung huet awer Reserve vun net manner wéi 80 Milliounen Euro. Dat ass e gutt Stéck méi wéi déi 10 bis 20% vun de jährechen Dépensen. Dës po- sitiv Finanzsituatioun hat iwwre- gens déi eng oder déi aner Be- rufsskummer dozou verleet, fir den Taux de contribution no ënne wël- len unzepassen, mä dëst war awer weder fir de Minister nach fir d'Chamberskommissioun zu dë- sem Moment en Thema. Ëmmerhi geet et jo awer fir eis drëm, fir hei mat der néideger Wäitsicht ze ope- réieren, fir esou d'Ofsécherung vun enger qualitativ héichwäerteger Prise en charge vun de fleege- bedürftege Mënschen hei zu Lët- zebuerg och an Zukunft ze garan- téieren.

Ofschléissend ass et meng Aufgab als Rapporteur, fir de Memberé vun der Kommissioun Merci ze soe fir déi konstruktiv Aarbecht, déi mir an de leschte Méint zesummen haten, a fir natierlech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem wichtige Projet mat op de Wee ze ginn.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Ma- dame Mutsch. Éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Stein. Ma- dame Stein, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**Mme Martine Stein-Mer- gen (CSV)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Rap- portrice et scho betount huet, ass dëst Gesetz eent vun deenen, déi mer wierklech ganz grëndlech an der Gesondheetskommissioun analyséiert hunn. Enfin, ass et – säitdeem ech op d'mannst an där Gesondheetskommissioun sinn – dat, mat deem mer ons wierklech am meeschten Aarbecht gemaach hunn. Duerfir ass dee schrëftleche Rapport zimlech laang ausgefall an huet 45 Säiten. Ech wëll der Ma- dame Mutsch och am Numm vun der d'CSV-Fraktioun villmools Merci soe fir dës wierklech Fläiss- aarbecht. Ech huelen och un, dass jiddferen de Rapport gelies huet. Awer besonnesch och wëll ech hir Merci soe fir hir excellent mëndlech Synthesen vun där komplizierter Matière.

Ech wëll och betounen, dass d'Kommissioun sech et net liicht gemaach huet. Op Initiativ vun der CSV vum Beispill hate mer gefrot, fir nach eng kéier mat de Leit vum Terrain ze schwätzen, haaptsäch- lech och well elo zum Deel aner Memberen an där Kommissioun sinn, a fir och ze kucken, ob säit där Zäit, déi awer entre-temps scho vergaange war, eventuell nei Aspekter dobäikomm sinn.

Ech wollt och eemol drun erënne- ren, Dir Dammen an Dir Hären, dass dës Fleegeversécherung scho ganz laang eng Fuerderung vu menger Partei war an dass, wann d'Gesetz schlussendlech – bedéngt duerch seng Sécurité-so- ciale-s-Natur – vun der Madame Mady Delvaux deponéiert gouf, där deemooleger Sécurité-sociale-s-Ministesche, dass et awer och e Mérite vun onser Familljeminis- tesche Marie-Josée Jacobs ass, dass et iwwerhaupt dozou kommen ass.

D'Gesetz iwwert d'Fleegeversé- cherung ass vun 1998. Et huet eng grouss Neierung duergestallt. Schonn am Joer drop – d'Rappor- trice huet et scho gesot – ass an der Regierungserklärung vun 1999 beschloss ginn, en éischte Bilan ze zéien. Dee Bilan ass 2001 virge- luecht ginn; en ass diskutéiert ginn, an aus dëse Konklusiounen eraus huet den deemolege Sécurité-so- ciale-s-Minister Carlo Wagner dëst Gesetz deponéiert, wat mer elo haut ofstëmmen.

Also ouni d'Philosophie vum 1998er Gesetz a Fro ze stellen, sol- len eng Rei vun techneschen De- tailer verbessert ginn, besonnesch och am Sënn vun enger nach bes- serer Qualitéit vun de Prestatiou-

nen, wéi d'Rapportrice et scho ge- sot huet. Un déi grouss Errunge- schafte gëtt also net gëriert.

1998 ass fir d'éischt an onsem Land de Risiko vun der Ofhängeg- keet op een Niveau gesat gi mat anere Risiken aus dem Domän vun der Sécurité sociale, der Krank- heet, dem Aarbechtsaccident oder der Invaliditéit.

D'Ofhängegkeet vu friemer Hëllef, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dat fir déi elementar Akte vum deegleche Liewen, déi engem Validé ganz natierlech schéngen, déi en och säi Liewe laang, ouni sech Froen ze stellen, ausféiert, fir dann op eemol an eng Situatioun ze geroden, wou hie sech net méi wäsche kann, sech net ernähre kann oder/an, wou hien net méi do- hinner ka goen, wou hie wëllt, ass vläicht schlëmmer wéi d'Krankheet eleng, déi dann och nach parallel dozou besteet.

Hei ass ganz kloer eng Fro vu mënschlecher Intimitéit, vu Fräi- heet a vu mënschlecher Dignitéit. D'Gefill, senger Famill eng Laascht ze sinn, oder d'Gefill, doduerch datt een op friem Hëllef muss zrëckgräifen, finanziell op aner vläicht och elementar Bedürfnisser müssen ze verzichten, ass schrecklech. An aus menger be- rufflecher Erfahrung weess ech, dass esou Situatiounen vill zu De- pressioune féieren, an och heiansdo déi eng oder déi aner kéier mat engem Selbstmord kën- nen ausgoen.

Et war an et ass jiddferen sech eens, dass d'Introduktioun vun der Assurance dépendance eng La- cune vun onsem Sozialstat gefëllt hat. D'Organisatioun par contre war och mat Ausbléck op ons No- peschläner eng däreg Affär. De- tailer iwwert den Evaluatiounssys- tem, dee relativ komplizéiert ass, well d'Evaluatioun soll esou indivi- duell an esou gerecht wéi méiglech sinn, an iwwert d'Errechnen an d'Verrechne vun de Prestatiounen wëll ech och elo hei net bréngen.

Am Ufank war et einfach déi grouss Mass vun den Unträrg, déi déi zoustänneg Leit iwwerfuert huet, an déi och erklärt huet, dass nach am Bilan vun 2001 e grous- sen Délai d'attente bestanen huet. Dat war iwwregens och déi hee- festg Ursaach, firwat dass d'Leit sech bei hiren Doktere beschwéiert hunn.

Nun, entre-temps sinn d'Equiper opgestackt ginn an et ass eng Vi- tesse de croisière erreecht. Dëst Joer huet d'UCM pro Mount tëscht 400 a 500 Dossieren un Demandé krut, an et ginn och pro Mount eng 500 Dossieren traitéiert. Et stinn der zwar nach eng 2.500 op, mä et ass ons verséichert ginn, dass déi méi urgent Dossieré mat Prioritéit géife behandelt ginn. Et ass de Ré- seauen och méiglech, Leeschungen am Virfeld vun der Décisioun ze erbréngen, a se da réckwier- kend ze verrechnen. An der Realitéit kann een also soen, dass do, wou Nout um Mann ass, e schnell Agräife méiglech ass, an an Zu- kunft wäert sinn.

Ier ech elo zu deene puer méi punktuelle Bemierkunge kommen, déi menger Fraktioun um Häerz leien, wëll ech nach ernimmen, an dat ass net onwesentlech, an d'Madame Mutsch huet et och scho gesot, dass et an deene leschte Joeren zu enger Käschten- explosioun komm ass, an dass d'Fleegeversécherung fir d'éischt dat lescht Joer Defizit gemaach huet. Dat Gesetz, dat mer haut stëmmen, probéiert och an dësem Problem dëser Entwécklung ent- géintzesteieren.

D'CSV ass awer der Meenung, dass een, soubal dës Moosname gräifen, an de Minister huet dat och schonn an der Kommissioun gesot, ganz schnell erëm muss een neie Bilan zéien.

Gegebenenfalls, a wann d'Ent- wécklung sollt esou weidergoen, wäerte mir wahrscheinlech op dë- ser Plaz ganz séier erëm iwwert dëst Gesetz diskutéieren, a vläicht



op eng méi fundamental Aart a Weis. D'Ursaache vun der Käschtexplosioun missten da vläicht méi déif gräifend analyséiert ginn, well d'Participatioun vum Stat jo a 45% vun der Fleegeversécherung festgeluecht ass, a wann den 1% Contribution dépendance, dee mer alleguerte bezuelen, net méi duergeet, fir d'Ausgaben ze decken, wäerte mer mussen iwwer eng Erhéijung vun de Beiträg nodenken.

Wéi mer déi lescht Woch héieren hunn, wäert et jo kaum méiglech sinn, dass de Stat seng Participatioun héicht, aus deene budgetäre Grënn, déi mer kennen. An dee Moment musse mer dann och d'Leeschungen iwwerdenken an den Utile an den Nécessaire – fir eng Lieblingsformulatioun aus der Sécurité sociale aus dem Krankeeseberäich ze benotzen – vläicht nei définéieren. All d'Acteure musse op eng responsabel Aart a Weis mat dësem Instrument ëmgoen, an zur Zäit kënnen Moossnamen huelen, wann et noutwendeg ass, well onofhängeg vun deene ville Leit, déi op dës Leeschungen ugewise sinn, an dësem Domän ëmmerhin 3.210 Leit an den Etablissementer schaffen, an 1.708 Aarbechtsplaze gëtt et am Domän vun de Prestatairen doheem.

Ech wëll awer elo zu deene puer Punkte kommen, déi onsem CSV-Grupp méi um Härz leien. Mir hunn ons d'Fro gestallt, wéi dat da mat der Nuetsbetreiung géif goen, wann am alen Artikel 293 de Saz-deel „de jour et de nuit“ géif gestrach ginn. An der Kommissioun ass ons vun de Fachleit dëse Punkt ausenaner geluecht ginn.

Et ass esou, dass éischstens emol d'Réseauen an hirer jetzeger personnell Zesummesetzung dës Leeschung net kënnen bréngen. Da missten nei Leit agestellt ginn, an da kënn een erëm mat de Bilanen net hannen a vir aus.

Zweetens ass d'Zuel vun de Fäll, déi esou eng Nuetsbetreiung brächten, ganz kleng, wann dee Besoin iwwerhaupt besteet. Déi Persounen, déi an esou engem schlëmmen Zoustand sinn, si meeschtens net am Maintien à domicile, a wa se dann do sinn, da sinn déi Besoinen oft Urgencen, an hei hu mer jo dann och nach d'Spideeler, d'Ambulanzen, an net ze vergiessen, de Service nocturne vun den Dokteren.

Fir awer en eventuelle Besoin auszeloten ass och nei Gesetz virgesinn e Projet am Kader vun der Action expérimentale unzesiedelen, deen e ganz interessanten Aspekt vun dësem neie Gesetz ass. Zum Beispill sollt an dësem Kader och nogeduecht ginn iwwer Centre-de-jouren a Saachen, déi eben nach net integréiert ware bis elo. D'CSV-Fraktioun huet sech dëse ganz op d'Praxis ausgeluechten Argumenter dann och net verschloss.

En anere Punkt, dee vun ons an an der Kommissioun laang diskutéiert gouf, deen och scho vun der Rapportrice ugeschwat gouf, dat ass dee vum Afriéiere vum Tarif, fir déi informell Hëllef vun der Familljen am Kader vun de Prestations en espèces. Dëst Afriéieren um Niveau vun haut huet ganz sécher Noddeen, déi och an enger Rei Avise vun de Beruffskummere ganz kloer zur Sprooch kommen.

Mir haten do awer e flotten Tableau presentéiert krut, dee gewisen huet, dass, wa mer op der Basis vum heitegen Tarif d'Entwécklung weiderlafe loosse, da kéime mer am Joer 2020 op e Stonneloun vun 38 Euro. A wa mer d'Situatioun vun haut kucken, a mir rechnen déi 25 Euro Stonneloun op e Mountsloun héich, da komme mer ëmmerhin op e Brutto vu 4.325 Euro, wat jo awer fir net qualifizéiert Personal ganz beträchteg ass, besonnesch wou een et quasi muss als Netto bezechnen, well d'Pensiounsbeitrag jo och nach vun der Fleegeversécherung iwwerholl ginn.

An der Philosophie ass d'Prestation en espèces eng Unerkennung fir déi Familljen, déi hir fleegebefürtege Ugehöreg doheem versuerge, well dem Maintien à domicile jo kloer eng Prioritéit gesat ass. Et soll awer net ausferen, an den Appât du gain sollt eraus aus de Considératiounen. An der Praxis gesäit een dat oft. Fir net op d'Geld ze verzichten, komme Leit, déi eigentlech net méi kënnen doheem versuergt ginn, well hire Fall ze vill schwéier ass, oder wann d'Familljen einfach net déi Kompetenzen entwéckelt, déi eigentlech verlaangt wieren, net an e Fleegeheim an da gi se ebe mat der Ambulanz vun enger Klinik an déi aner geschleeft.

Och ausgoend vum Fait, dass mer et hei mat enger plafonnéierter Stonnenzuel ze dinn hunn, op 24,5 Stonnen, am Extremfall kann déi awer bis op 38 Stonne gehéicht ginn, ass d'Kommissioun zum Schluss komm, dass dës Evolutioun op kee Fall sénnvoll ass. Et bestinn zwou Méiglechkeeten, fir de Problem ze léisen: Entweder dat gewieltend Afriéiere vun der Prestatioun bei 25 Euro, oder awer eng Diminutioun vun der Basis fir d'Indexéierung, wat dann awer konkret fir déi Leit, déi elo haut déi Prestatioun kréien, zu enger Diminutioun vun hire Geldzomme geféiert hat.

Denke mer also un all déi Leit, déi mat all hire Qualifikatiounen manner Stonneloun fir hir Aarbecht kréien, an un de Fait, dass mer sécher kengem Aidant informel seng heiteg Situatioun wëlle verschlechteren, hu mer ons dëser „Récupératioun douce“, wéi de Minister se genannt huet, kënnen ralliéieren.

E leschte Punkt, deen ech wëll kuerz uféieren, dat ass dësen: Wat geschitt, wann zwar Prestatiounen fir e Réseau programméiert sinn, si awer aus där enger oder anerer Ursaach net kënnen prestéiert ginn?

Ech ginn lech e Beispill: Et ass eng Fra, déi normalerweis ganz wäit ewech wunnt, a si kënn zwou Wochen am Joer an d'Vakanz bei hir Mamm, déi se da selwer fleeft, wäscht a fiddert, an da kënn d'Infirmière, déi awer programméiert ass fir déi Aarbecht ze maachen, a si muss dann eben erëm heemgoen, well d'Aarbecht scho gemaach ass.

An dëse Fäll, wann d'Réseauë sech dat opschreiwene, musse si nodréiglech déi Suen erëm zrëckginn un d'Fleegeversécherung. Hei kommen déi Réseauen awer heiansd, well et sech nämlech ëm méi Zommen handelt, wéi ee kéint mengen, a schlecht Dicher. Et ass och schwierig fir si, fir hir Programmierung an och fir hiert Personal anzustellen, mat esou Remboursementen. D'CSV-Fraktioun ass duerfir der Meinung, dass hei am Dialog zwëscht der UCM an de Réseauen eng geländegängeg a praktesch Léisung sollt gesicht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësen alles an allem optimistesche Bemierkungen a mat der Reserv vun engem neien, schnelle Bilan, soubal wéi et da sénnvoll ass, wäert ech lech net iwwerraschen, wann ech lech soen, dass d'CSV dëst Gesetz wäert stëmmen. Ech bréngen also och den Accord vu menger Fraktioun, a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.** - Merci, Madame Stein. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

**M. Carlo Wagner (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll ufanks direkt der Rapportrice, der honorabelen Madame Lydia Mutsch, Merci soen a félicitéieren, fir deen excellente Rapport, souwuel dee schrëftleche wéi och dee mëndlechen, a vun deem ech muss soen, e war och ganz, ganz objektiv.

D'Fleegeversécherung, an et ass scho gesot ginn, ass also age-

fouert ginn duerch d'Gesetz vum 19. Juni 1998. Mä et war esou, dass deemools sämtlech Fraktiounen heibannen an deem héijen Haus averstane ware mat deem Projet, och wa verschidde Parteien – an dorënner och d'Demokratesch Partei – awer drop higewisen hunn, dass mer géife mat deem Gesetz e bësselchen an d'Incertitude goen an dass sech munch Froe géife stellen an dass sech och vläicht kéinten Ongereimtheete am Laf vun der Zäit erginn.

Et huet een och duerno erausfonnt, dass beispillsweis ee vun deenen Haaptproblemer vun deem Gesetz – dat awer scho vun Ufank un – eben de Fait war, dass d'Zuel vun de Bénéficiairë vun deem heite Gesetz largement ënnerschat gi war an dass also déi zwou Cellules d'évaluation, déi deemools en place waren, ganz einfach net méi mat virukomm sinn, sou dass mer, mengen ech, ee Momentchen no u 5.000 Demanden do leien haten, déi net schnell genuch konnten traitéiert ginn, wat also mat sech bruecht huet, dass déi laang Waardelëschten trotzdeem awer dobausse bei de Leit net ganz gutt ukomm sinn.

Et ass och esou – an dat just pour rappel –, dass et awer richtig war, dass am deemolege Gesetz optéiert ginn ass fir sou genannte Prestations individualisées, wat – dat wusst een awer am Viraus – géif vill méi Zäitopwand mat sech bréngen, wéi wann ee standardiséiert Leeschungen ugebuert hätt.

D'Demokratesch Partei, wéi gesot, huet deemools op verschidde Problemer higewisen an huet och verlaangt, dass no enger gewëssener Zäit e Bilan miss gemaach ginn; an dee Bilan ass jo och am Koalitionsofkommes vun 1999 zrëckbehale ginn.

An d'Madame Rapportrice huet schonn drop higewisen, dass mer den 2. Mee 2001 hei an der Chamber e largen Débat parlementaire haten, wou jiddereen also d'Méiglechkeet hat, fir d'Exécution vun deem Gesetz ënnert d'Lupp ze huelen an effectivement Propositionen ze maachen, wou kéint verbessert ginn.

Ech wëll och erënneren un déi Action concertée, déi duerchgefouert ginn ass mat sämtlechen Acteuren um Terrain, dat heescht souwuel mat der COPAS wéi awer och der IGSS an der Cellule d'évaluation. Et ass also do, wou mer den Origine fannen zu deem Projet de loi, deen ech den 20. Mee 2003 am Numm vun der viregter Regierung déposéiert hunn.

Ech muss awer soen, dass an der Zwëschenzäit an en attendant dee Projet de loi ganz viles schonn um Terrain geschitt war, well mer deemools an der Sécurité sociale riicht virun d'Assurance dépendance op der Dagesuerdnung haten a gekuckt hunn, wéi ee kéint geziilt pragmatesch Léisunge fannen.

Ech wëll beispillsweis drun erënnere, dass mer deemools déi Équipes d'évaluation progressiv vun zwou op fënnf eropgesat hunn. Ech wëll och drun erënneren – an dat war e ganz ganz wichtege Punkt –, dass d'Leit net eréischt ginn sinn, wann hir Demande bis ugeholl war, wat oft e puer Méint duerno eréischt war, mä dass mer nach ee System agefouert hunn, nodeem d'Leit schonn ausbezuelt gi sinn op d'Date de demande; an dat war fir déi Leit ganz wichteg. Et ass och esou gewiescht, dass vun deem Moment u kee Mënsch méi huet brauche Sue virzestrecken, wann hie beispillsweis op d'Hëllef vun de Réseauen zrëckgegraff huet.

Mir hunn och ee Problem geléist, wou mer ganz vill Reklamatiounen kritt hunn, dass, well déi Bear-

bechtung vun den Dossieren esou laang gedauert huet, dann entretens scho Leit gestuerwe waren, wat bedauerlech ass, mä net ze évitéiere war, duerch déi Lenteur, déi mer deemools kann hunn. A mir hunn deemools décidéiert, fir déi Familljenvun deene Verstuewenen ze indemniséieren an zwar mat engem Montant vun déi Zäit 4.560 Lëtzebuerger Frang d'Woch, wat also trotzdeem ëm déi 22.000 oder 23.000 Frang de Mount gi sinn. Och déi Mesuren, mengen ech, hunn dozou bäigedroen, dass mer awer deemools konnten dobaussen d'Leit, dat heescht d'Demandeurë vun deene Prestatiounen, largement berouegen.

Et war awer deemools och klar, dass ee misst am Kader vun där Assurance dépendance e sou genannte neie legislative Kader schafe fir sämtlech Mesuren, déi utile an nécessaire geschéngt hunn, kënnen mat erafléissen ze loosse.

Dofir, wéi gesot, dee Projet de loi, deen déi viregt Regierung déposéiert huet, deen awer, muss ech soen, am Geescht war vum Basisgesetz vun 1998, dat heescht an anere Wierder, dass net un de Grondprinzipie vun deem Gesetz geréckelt ginn ass, mä dass eng ganz Rei vun utilen Ajustementen envisagéiert si ginn.

Deemools wéi och haut – wéi och d'Madame Rapportrice et gesot huet – ass un den Hauptprinzipie festgehalde ginn an ech erlabe mer si nach eng Kéier ze répétéieren.

Dat heescht Prioritéit vun der Réhabilitatioun par rapport zur Prise en charge, dat heescht an anere Wierder och do si mer op de Wee vun der Preventioun gaangen. Prioritéit awer och fir de Maintien à domicile, Prioritéit fir d'Prestations en nature par rapport zu de Prestations en espèces a finalement d'Continuitéit vun der Prise en charge. Weider Elementer an deem Projet de loi kéint ech ernimmen, wéi dass beispillsweis misst méi Flexibilitéit drakommen an dass och misst zousehends méi Wäert op d'Multidisziplinaritéit geluecht ginn.

### (M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Och besonnesch vill Wäert selbstverständlech sollt widerhin an och verschäerft op d'Qualitéit vun de Soine geluecht ginn. Dofir si sou genannte Kaderkonventiounen virgesi ginn, déi sollte Qualitätsreferenzen, Qualitéitstandarde festleeën, an déi Konventiounen sollten dee Moment verhandelt gi vun der UCM mat dem Organisme représentatif fir d'Prestatairen. Et ass awer och gesot ginn, dass misst onbedéngt, nodeem dass och d'Cellule d'évaluation Standarde fixéiert hat, d'Applikatioun vun dene Standarde kontrolléiert ginn, fir dass mer sollte Garantien hunn, dass um Terrain géif applizéiert ginn, wat d'Cellule d'évaluation fir néideg fonnt huet. Dofir hu mer deemools déi sou genannte „Commission de qualité des prestations“ chargéiert, déi Missioun ze iwwerhuelen.

Leider, muss ech soen, huet et laang gedauert bis de Statsrot den Avis ginn huet zu deem Projet de loi 5146, deen, wéi gesot, schonn 2003 déposéiert ginn ass, sou zwar dass déi jëtzege Regierung dee Projet iwwerholl huet.

Déi jëtzege Regierung – an d'Madame Rapportrice huet et och scho gesot – huet eng Rei vun Amendementen bruecht, Amendementen, vun deenen ech awer muss soen, datt se och net déif gräifend Grondprinzipie vun deem viregte Projet de loi a Fro gestallt hunn, sou zwar dass ech muss soen, dass meng Partei, d'Demokratesch Partei, keng Schwiereregkeete mat deenen Amendementen huet.

Vläicht nach just zwee, dräi Punkten, déi ech wëll oppicken: een Amendement ass net zrëckbehale ginn, et ass dat den Amendement zu der Schafung vun der Commis-

sion de qualité des prestations an dat haaptsächlech op d'Dränge vum Statsrot. Dat muss ech och soen, dass d'Kommissioun vun der Santé an der Sécurité sociale à l'unanimité awer där Meinung war, dass sollt dee Moment op deen Amendement verzicht ginn, sou zwar dass deen Amendement nees – wann ech mech därerf sou ausdrécken – amendéiert ginn ass.

En zweete Punkt – an d'Madame Mutsch huet deen och schonn ugeschnidden – ass deen, wéi gesot, vum Afriéiere vun engem feste Montant vu 25 Euro fir d'Aidant-informelen, ee Montant, deen also sollt désormais ageféiert ginn. Ech mengen, mir hu Grafike virgeluecht kritt an der Commission parlementaire, duerch déi kloer an däitlech bewise ginn ass, dass mer mat deem Montant de base, deen deemools agefouert ginn ass, awer ganz grouss Inégalitëten an Déséquilibre geschafen hu par rapport zu anere Leeschungen. An notament kann ech mech erënneren, dass mer beispillsweis mat 25 Euro fir d'Aidant-informelen deemools bei iwwer dräimol dem Mindestloun louchen, sou zwar dass dat net ze veräntwerte war.

Ech muss och soen, dass ech honnertprozenteg ka begrëssen, dass elo net versicht ginn ass, de Montant no ënnen ze ajustéieren, dat heescht mat vill méi engem déiwe Montant unzefänken an deen dee Moment ze indexéieren, fir e lues a lues erëm an d'Luucht ze bréngen, mä dass mer, wéi gesot, op deem jëtzege Niveau bleiwen an deen afriéieren.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass mer deen awer elo net därferen afriéieren – dat kënn heiansdo vir, net nëmmen an der Politik, och op anere Plazen – a während zéng, fofzéng Joer vergiessen. Et ass d'éinescht gesot ginn, dat heite wäert net dee leschte Bilan sinn, dee mer zéien. Mir mussen also zur gegebener Zäit en temps utile dorun denken, fir dee Montant dee Moment nees ze ajustéieren.

Een drëtten Punkt ass dee vun dem Retard beim Traitement vun den Dossieren, deen ech schonn deelweis ugeschwat hunn. Et stëmmt, de Moment leien eng 2.500 Dossieren do en attente de traitement. Esou wéi d'Leit vun der Assurance dépendance, vun der Cellule d'évaluation eis gesot hunn, sinn am Schnëtt 500 nei Demandë pro Mount do a si kréien der beschtefalls 500 bis 600 beaarbecht, sou zwar dass mat deem lichte Surplus an der Bearbechtung par rapport zu den Demanden et awer géif enorm laang daueren, bis een dee Retard resorbéiert hätt.

Dofir, vu dass jo deen heite Projet de loi och virgesäit, dass och eng sechst Equipe op d'Bee gesat gëtt, eng sechst Cellule d'évaluation, där hir primär Missioun awer de Contrôle de qualité wär, froen ech mech, Här Minister, ob et net utile wär, wann an enger éischer Phas déiselwecht Equipe sech vläicht géif mat dem Resorbéiere vun den Dossieren och beschafen, bis si un hir primär Missioun géif erugoen, well ech mengen, et wär awer wichteg, dass mer esou schnell wéi méiglech dee Retard resorbéiert kréien.

Ee lescht Wuert nach zur finanzieller Situatioun. Ech mengen, déi Situatioun ass bei wäitem net dramatesch, net nëmmen, wa mer dat vergläiche mat Nopeschlänner wéi Däitschland an esou virun, mä och de manière objective. Och, wa mer duerch eng Situation exceptionnelle dat lescht Joer, dat heescht 2004, ee lichten Defizit vu 16 Milliounen haten, mat fënnf Milliounen méi, wa mer och déi fënnf Milliounen, déi an d'Reserv gestach gi sinn, mat a Kaf huelen, sou ass dat keen iwwerdrifwene Defizit, dee sech, wéi ech gesot hunn, och nach duerch ee spezielle Motif erkläre léisst.

Ech mengen, mir sollen elo mol kucken, wéi mer dat heite Joer ofschléissen, während deem mer



nees op deen ale Mode de financement zrëckkomm sinn. Ech sinn iwwerzeegt, dass dann den Defizit bei wäitem net méi wäert esou grouss sinn.

Et ass jo och esou, dass ee Groupe d'accompagnement soll geschafe ginn, deen déi dote Situatioun net nëmme suivéiert, mä déi awer och dee Moment wäert Propositionne maachen, fir deem opzehëllefen, wann ee Besoin sollt sinn.

Mir sollen net vergiessen, dass mer trotzdeem Reserve vun der Milliounen Euro hunn, wat scho verschidden Organisatiounen dozou verleet hat, fir de Prozentsaz vun der Cotisatioun erofsetzen ze wëllen. Ech hu mech deemools dergéint gewiert. Sou wéi ech verstanen hunn, Här Di Bartolomeo, sidd Dir därselwechter Meenung. Ech mengen, mir sollten do virsiichteg sinn, bis mer dee richtege Rythme de croissance fonnt hunn.

Mir musse wëssen awer och, dass an deem Domän vun der Dépendance nach wäert ganz villes op eis zoukommen. Ech wëll beispillsweis nëmme just hei ernimmen – ouni elo an den Detailer doranner ze goen, dat géif ze wäit féieren –, dass mer onbedéngt mussen am Domän vun der Spezialisatioun vun der Psychogériatrie nei Weeër ugoen, dass mer also mussen déi Psychogériatrie vill, vill méi pousseieren, wéi dat de Moment de Fall war.

Ech wëll awer och dorun erënnere, dass beispillsweis am Projet de loi vum Accompagnement de fin de vie, deen déi viregt Regiereschonn ufanks 2004 déposéiert huet, ee grousser Chapitre dran ass iwwert d'Assurance dépendance an dass och do grouss Fraisen op eis zoukommen. Dat just pour rappel. Wéi et elo mat deem Projet de loi ass, weess ech net. Den Här Minister ka vläicht herno a senger Stellungnahm eis doriwuer opklären.

Alles an allem awer, Här President, Dir Häre Minister, oder Här Minister – et setzen der véier do, mä et ass nëmmen ee Minister, gesinn ech...

#### (Interruptions)

Ah, zwee. Pardon, Dir Hären!

**Une voix.** - An zwee, déi et gär wieren.

#### (Brouhaha général)

Dann also am Pluriel; zwee effektiver an zwee Potenzieller, sou wéi mer hei geflüstert gëtt!

Wéi gesot, mir sinn um richtege Wee mat där heiter Saach. Mir mussen eis Précautiounen fir d'Zukunft huelen. Egal wéi et awer ass, mengen ech, därfe mer awer, wat d'Richtung vun der Assurance dépendance ugeet, näischt ännere goen. Et heescht also an Zukunft, dass mer op där enger Säit mussen op deem Wee bleiwe vun enger Optimisatioun vun der Qualitéit vun de Soinen, an op där anerer Säit awer och vun enger Minimisation, an enger strikter Minimisation vun eventuellen Abusen.

Dat gesot, Här President, Dir Häre Minister, Dir Dammen an Dir Hären, wäert ech selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu deem Projet de loi ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Här Wagner. Ageschriwwen ass elo den Här Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

**M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Déi Novelléierung vum Gesetz vum 19. Juni 1998, déi mer haut virhuelen, ass eng Novelléierung, déi och d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun wäert fannen.

Mer hunn eis deemools beim Vote vum Gesetz am Juni 1998 enthalen. Net well mer géint d'Fleegeversécherung gewiescht wären, am Géigendeel, mer hu wéi all d'Frak-

tiounen hei am Parlament den absolute Besoin vun där Neierung agesinn.

Mer haten allerdéngs verschidde Bedenken: Ee Problem hate mer mat der Qualitéit vun de Servicer, déi eiser Meenung net genuch assuriert war. Mir haten och deemools ee Problem mam Finanzeement vun der Fleegeversécherung, wéi et sollt zustane kommen, nottamment mat deem drëtten Volet vum Finanzeement, där sou genannter Loi spéciale. A mir haten och ee Problem, well mer insgesamt d'Gefüll haten, dass am Beräich vun der Fleegeversécherung dem Volet Preventioun net genuch Stelleraum géng zougedeelt ginn.

Mir hunn och bei der Diskussioun vun 2001 iwwert deen éischten Zwëschebilan, dee gemaach ginn ass, an och haut bei der Novelléierung vum Gesetz deelweis Recht behale mat eise Kritike vun deemools. Mer mussen awer trotzdeem fairerweis soen, dass d'Gesetz, wat 1998 gestëmmt ginn ass, sech an de ganz grousser Linne bewäert huet. Et ass richtig gewiescht, dass d'Fleegeversécherung agefouert ginn ass, a mer hu ganz ganz vill Leed, Misär, schwieereg Situatiounen zu Lëtzebuerg domadder kënnen wesentlich verbesseren. An et soll een och net stéieren, wann ee bei esou enger grousser Neierung wéi der Fleegeversécherung e puer Joer brauch, bis een definitiv all Problemer am Grëff huet.

Ech wëll just dorun erënnere, dass d'Gesetz iwwert den Unfall vum Joer 1901 mëttlerweil méi wéi ee Joerhonnert um Bockel huet, an trotzdeem gëtt et och do nach ëmmer a permanent a regelméisseg Bedarf fir nozebesseren. Dat läit an der Natur vun där do Zort Gesetzer. Dofir fanne mer dat do och gutt, dass mer haut esou ee Bilan iwwert eng Novelléierung vum Gesetz virhuelen, mä mer si wéi gesot der Meenung, dass d'Gesetz insgesamt sech bewäert huet. An dofir kann een e puer Beispiller ufeieren: Et ass haut kloer, dass vill Leit, déi fleegebedürfteg sinn, haut méi laang kënnen doheem wunne bleiwen, wéi dat nach virun 1999 de Fall war.

Et ass och esou, dass den Alter beim Accès an d'Maison de soins considéierbar eropgaangen ass an der Moyenne. Och do gesäit een un där Zuel, dass et funktionéiert huet, dass et gewierkt huet, esou wéi ee sech dat konnt erhoffen. Et gesäit een och, dass déi professionnell Servicer, déi an deem Secteur aktiv sinn, wéi Hëllef doheem oder Help, massiv nei Leit konnten astellen, ganz einfach well et vill méi Aarbecht gëtt, déi endlech ka finanzéiert ginn. Déi Aarbecht war nach ëmmer do, mä si konnt virun net esou assuméiert an assuréiert ginn, wéi dat haut de Fall ass, an doduerch, dass mer e Gesetz an e Finanzeement zu Lëtzebuerg agefouert hunn, konnten déi dote Servicer Leit astellen.

Just ee Beispill: Hëllef doheem hat am Joer 1998 nach esou plus oder minus 250 Leit beschäftegt; am Joer 2005 läit dat bei ongeféier 1.300 Leit. Dat ass eng méi wéi Verfënneffachung vum Personal vun deenen Associatiounen, wou ee wirklech gesäit, wat d'Entwécklung duergestallt huet an deem dote Secteur.

Et ass awer och esou, dass vill behënnert a schwéier krank Leit elo ee besseren Accès hunn zu techneschen Hëllefsmëttelen, well déi och méi abordabel gi sinn. E Beispill: Virun huet d'Krankeversécherung ronn 800 bis 900 Euro fir ee Rollstull bäigeluucht. Haut ass et esou, dass bei engem schwéierbehënnerte Mënsch e Rollstull mat engem Contrôle de l'environnement e puer 1.000 Euro kascht bis hin zu 10.000 Euro an nach méi. Dat sinn natierlech gewaltge Käschtepunkten, déi awer elo kënnen integral iwwerholl ginn, an där gesamter Envergure vun deem Chiffer. Fréier hunn déi Leit

meeschtens misse kucken, fir eens ze ginn. Entweder si hate selwer d'Moyenen, fir sech dat ze finanzéieren, oder si waren op Spenden ugewise vun drëtten Leit, déi se mühsam selwer, oder iwwer Bekannten hu mussen zesummekrazen. Déi Erfahrung geheieren haut glécklecherweis der Vergangenheet un.

Leschte Punkt, wou ee gesäit, wéi positiv d'Entwécklung ass, ass d'Adaptatioun vun de Logementer. Do kann een haut eng Prise en charge vu bis zu 22.000 bis 23.000 Euro kréien. An dat ass schonn e Montant, dee ganz considéierbar Émbaute méiglech mécht. Domat kann een nach ëmmer vläicht net alles méiglech maachen, mä trotzdeem gëtt ganz villes mat esou engem Montant méiglech gemaach.

Besounesch gëtt et méiglech gemaach, dass een individuell op d'Leit kann agoen, an net, dass ee muss verschidde Pauschalbeschuetzen just ubidden, an da sollen d'Leit kucken, dass se dobäi passen. Hei ass et ëmgedrënt. Duerch déi dote Montanten ass et wirklech méiglech, eng relativ individuell Approche vun der Fleegeversécherung méiglech ze maachen, déi dann och relativ prezis a selektiv de Problemer vun de Leit kann entgéintkommen.

A Fonctioun vun den Experienze vun dëse leschte sechs bis siwe Joer ass dann och dëst Gesetz fir eis e gudden Text, och wann ee bestëmmt iwwert deen een oder aneren Detail nach streide kann.

Dat neit Gesetz, wat mer haut stëmmen, bréngt awer op deene Punkten, déi am Gesetz solle modelléiert ginn, positiv Ergänzungen an eisem Sënn. Duerfir bréngen mer och eis Zoustëmmung zu deem dote Gesetz. Ech wëll awer contrainement zu menge Virriedner, déi schonn op déi Aspekter do agaange sinn, nach op e puer Aspekter agoen, déi nach net diskutéiert gi sinn, wou awer nach vläicht deen een oder anere Problem bestoe bleift.

Et ass esou, dass au départ geduecht war, fir den Accès zu de Better méi transparent ze regelen. An zwar esou, dass et eng Zort Liste d'urgence géng ginn, fir um Niveau vun der Assurance dépendance kënnen Leit prioritär ze aigulléieren, wa se wirklech vun de Besoinen hir esou missten agestuft ginn. Déi Missioun kritt d'Assurance dépendance elo ofgehall. Dat erkläert sech och doduerch, well et ni funktionéiert huet. Dat war an der Praxis eng Missioun, déi net wouergeholl ginn ass, esou dass dat einfach elo am Text un d'Realitéit vum Terrain ugepasst gëtt, an déi Missioun ewechfällt.

Ganz zefridde stellend ass dat awer net. Och wann ee versteet, firwat dass et do gestrach ginn ass, esou ass et awer net ganz zefridde stellend, wann een näischt amplaz bréngt. Wann een elo erëm all déi eenzel Haiser sech selwer iwwerléisst, da weess een, dass an der Praxis um Terrain ganz oft dann awer een erëm ee muss kennen, deen ee kennt, deen ee kennt, fir eventuell eranzekommen, quitte dass et an der Praxis net de Manktem u Better ass. Dat schéngt zimlech korrekt ze funktionéieren. Mä et ass och heiansdo e Problem, wouhinne een da riskéiert verluecht ze ginn.

Do menge mer awer, dass d'Regierung sech nach eng kéier misst Gedanke maachen, wéi ee kann där Saach do trotzdeem eng Äntwert ginn, zum Beispill, andeem dass mer d'COPAS A.s.b.l., déi jo de Gros vun den A.s.b.l.en an deem Secteur regroupéiert, kéint domadder betrauen esou eng Lëscht ze féieren, eng Zort „Liste d'urgence“ net iwwer sämtlech Better, mä iwwer en Deel vun de

Better, déi verfügbar sinn – 15%, 20%, 25%.

Dass een do awer kéint eng Lëscht opstellen, wier trotzdeem déi richteg Iddi, well se war jo am viregte Gesetz net vun ongeféier ageschriwwen ginn. Et goufen deemools ganz gutt a ganz valabel Grënn, firwat dass déi Lëscht sollt gefouert ginn. Mir fannen et eigentlech bedauerlech, dass déi Lëscht ersatzlos soll gestrach ginn, och wa mer verstinn, firwat dass se um Niveau vun der Assurance dépendance net gefouert gëtt. Mä et wär beispillsweis eng Ureegung, dass um Niveau vu COPAS déi dote Lëscht kéint gefouert ginn.

Da wär et allerdéngs och net schlecht, wann de SERVIOR kéint der COPAS eventuell bäitrieden, an aus senger – wéi soll ech soen – Isolatioun an deem Secteur e Stéckche géng zrëckrieden, a méi Kooperatioun géng mat der COPAS ustriewen. Mir fannen et nämlech net gutt, dass déi Pensionäre vun den Haiser, déi de SERVIOR géréiert, beispillsweis bei de Verhandlungen mat der UCM net vertruede sinn. Dat ass einfach sou, well déi sech an deenen Diskussiounen, eiser Meenung no, net genuch bedeelegen. Dat sinn elo wuel keng fundamental Kritiken um System, wéi e funktionéiert. Mir mengen awer, dass et do nach kënnete Verbesserungen ginn.

Eng aner Fro, op déi mer gären eng Äntwert vun Minister hätten, dat ass de Punkt, firwat dass d'Assurance dépendance nach ëmmer muss ënnert der IGSS lafen. Och do gëtt et jo Kritiken, zum Deel vun de Leit aus der Administratioun selwer, déi fannen, dass et net ganz glécklech ass, wann d'IGSS, déi am Prinzip jo eng Kontrollmissioun huet, an deem heite Secteur, an nëmmen an deem Secteur, „à la fois juge et partie“ ass. Si exécutéiert zum Deel iwwert den Émwee vun der Assurance dépendance, an ass awer och gläichzäiteg mat enger Kontrollmissioun behaft.

Dat huet net nëmmen Nodeeler, dat kann och Virdeeler hunn. Et funktionéiert jo och, mä et wier eigentlech eng méi propper Léisung, wann d'Assurance dépendance eng eegen Administratioun kéint sinn, beispillsweis um Niveau vun der Gestiou vum Personal, wou se am Moment ëmmer an de Pool vun der IGSS mat dran erafalen. Bei der Attribution vun neie Posten ass natierlech deen Émstand vun Nodeel, besounesch, wann ee kuckt wéi eng nei Missioun d'Assurance dépendance elo kritt am Beräich vun der Qualitéit a vun der Kontroll vun de Leeschtungen, déi geliiwert ginn.

Do riskéiert elo d'Assurance dépendance eng Ulaßplaz ze gi fir all d'Reklamatiounen. Et wär jo och gutt, wann all Reklamatiounen kënnen Gehéier kréien, a kënnen iergendwou déposéiert ginn. Dat ass sécher noutwendeg. Mä mat engem zousätzleche Member am Personal, wann eis Informatiounen stëmmen, hale mir dat mat Sécherheet net fir ausräichend, fir déi doten nei Missioun, déi d'Assurance dépendance kritt, kënnen ze bewällegen. Dat schéngt eis effektiv illusoresch, ze mengen, dass een déi noutwendeg Kontrollen do mat enger eenzeger Persoun kann eeschaft wouerhuelen. Dobäi wier et mat Sécherheet ubruecht a positiv, wann dat kéint gemaach ginn.

En zweetleschte Punkt ass dee vun de Leit, déi nach ëmmer am Ausland sinn. Mir hu wuel eng dättelech Verbesserung, mä et ass awer net esou, wéi wann elo keng Leit méi zu Lëtzebuerg an d'Ausland géinge goen. Et gëtt aus engem Rapport général vun der Sécurité sociale aus dem November 2003 Zuelen, a méi rezent Zuele gëtt et net, aus deene geet eraus, dass am Moment – also zum Zäitpunkt November 1993, wéi gesot déi aktuellsten Zuelen – am Ganzen 241 Demandeuré vu Leeschtungen vun der Fleegeversécherung nach ëmmer am Ausland sinn an engem

Établissement d'aide et de soin. Iwwer 130 dovun an Däitschland, no bei 100 dovun an der Belsch an nach méi e klengen Undeel a Frankräich.

An dat sinn och méiglecherweis d'Leit net all, well et ass jo och net gewosst, ob jiddferen eng Demande mécht. Also, et ass net, wéi wa mer domadder d'Problemer alleguerte geléist hätten.

Do wäere mer och frou, wann de Minister nach eng kéier kéint dorober agoen an eng Erklärung ginn, firwat dass dann nach ëmmer en Deel vu Leit am Ausland sinn. Do sinn der bestëmmt dobäi, wou et gewollt ass, déi dat bewosst maachen, déi keen anere Choix wëllen. Mä et ass awer och bestëmmt nach en Deel vu Leit derbäi, déi dat maachen, well se einfach net zu Lëtzebuerg en Angebot kritt hunn, wat zefridde stellend wär. Doriwuer hätte mer och gäre vum Minister nach eng Erklärung, firwat dass mer dee Phenomeen nach ëmmer net ganz aus der Welt kritt hunn.

E leschte Punkt ass deen, dass mer och mengen, dass um Niveau vun der Kollaboratioun tëschent de Maisons de soin an de Réseauen an de Kliniken och nach Saache kënnen verbessert ginn. Notamment een Aspekt schéngt eis ganz wichtig. Mir hunn och an deem Sënn eng Motioun virbereet. Nämlech deen, dass mer et fir absolut wichtig halen, dass den Dossier, de Plan de prise en charge, deen um Niveau vun der Assurance dépendance opgestallt gëtt vun de Bénéficiairen, dass deen am Spidol ëmmer misst bekannt a gewosst sinn, wann e Bénéficiaire vu Leeschtungen vun der Assurance dépendance muss hospitaliséiert ginn.

Dat geschitt wuel an der Praxis a ganz ville Fäll – vläicht souguer an de meeschte Fäll –, mä de Problem ass eben, dass et net ëmmer geschitt. An et ass eben net datselwecht, ob ee mat enger Häerzkrankheet am Spidol läit an dat ass den eenzege Problem, oder, wann ee mat enger Häerzkrankheet am Spidol läit an et ass ee pour le reste och nach e Bénéficiaire vu Soinë vun der Assurance dépendance. Dat bedéngt ganz oft aner Beweegungen: Et kann een net esou laang am Bett leien, et kann een net esou laang op därselwechter Plaz leien; fir nëmmen déi Beispiller ze ginn. Do wär et gutt, wann ee sech do méi kéint vergewësseren, dass déi Informatiounen vun de Plans de prise en charge och an de Spideeler, bei den Dokteren an den Infirmiären an Infirmière bekannt wäeren.

Mir hu wéi gesot an deem Sënn eng Motioun préparéiert, an där mer d'Regierung opfuere, duerfir Suerg ze droen, dass déi Informatiounen do kënnen tëschent de Maisons de soin an de Réseauen op där enger Säit, an op där anerer Säit de Spideeler an Dokteren an Infirmiere besser kënnen iwwerdroe ginn.

Déi Motioun huet och d'Ennerstëtzung vun der LSAP-Fraktioun iwwert d'Madame Mutsch, vun der DP-Fraktioun iwwert den Här Carlo Wagner a vun der CSV-Fraktioun iwwert d'Madame Stein-Mergen. Et ass nach eng Ennerschrëft op. Wann d'Kolleege vum ADR eis och wëllen ënnerstëtzen, da kënnen se dat nach gäre maachen. Soss bréngen déi Gréng nach eng fënneft Ennerschrëft dobäi.

#### Motion 1

*La Chambre des Députés*

*- considérant que les personnes bénéficiant des dispositions de la loi sur l'assurance dépendance ont souvent besoin de soins médicaux et hospitaliers;*

*- considérant que ces personnes ont des besoins spécifiques qui peuvent aller au-delà du traitement habituel de la pathologie pour laquelle elles ont été hospitalisées;*

*- considérant que faute de transmission de ces informations aux*



*médecins et au personnel hospitalier ceux-ci ne peuvent pas disposer de toutes les informations spécifiques aux patients bénéficiant des dispositions de la loi sur l'assurance dépendance;*

*invite le Gouvernement*

*- à veiller à la transmission du plan de prise en charge de l'assurance dépendance (desquels disposent les maisons et les réseaux de soins) aux structures hospitalières en cas d'hospitalisation d'une personne bénéficiant des dispositions de la loi sur l'assurance dépendance.*

(s.) *Félix Braz, Robert Mehlen, Lydia Mutsch, Martine Stein-Mergen, Carlo Wagner.*

Dat gesot bréngt mir eis Zoustëmmung zu deem Gesetz, a soen awer och nach der Rapportrice, der Madame Mutsch, Merci fir hire ganz detailléierte schrëftleche Bericht an och hire concisen a verständleche mëndleche Bericht. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Dir hutt d'Wuert, Här Gibéryen.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och vun eiser Säit aus der Rapportrice, der Kolleeigin Lydia Mutsch, Merci soen, virun allem fir dee schrëftleche Rapport, dee si gemaach huet, an och haut fir hire mëndleche Rapport.

Ech mengen, mir wëssen allegueren hei, déi Debatten, déi mer 1998 haten, an déi Zäit, mengen ech, war de Minister Member vun der Kommissioun, wéi dat Gesetz ausgeschafft ginn ass, datt mer déi Zäit alleguerte vun engem historéische Gesetz geschwat hunn, vun engem Meilestein an eiser Sozialgesetzgebung. Mir hunn am Fong de Krees, fir eng komplett Versécherungsstrategie opzebauen, niewent den Unfallkeesen, niewent de Krankekeesen, niewent de Pensiounskeesen, mat der Fleegeversécherung 1998 zougemaach.

Mir woussten alleguer, wéi mer dat Gesetz 1998 gestëmmt hunn – wou mer jo och zum Deel an d'Ausland kucke gaange sinn, wou mer eis awer hei gréisstendeels och un Däitschland inspiréiert hunn, awer an de wesentleche Punkten, wat d'Fleeg ubelaangt huet, en eegent Konzept opgestallt hunn, wat méi persounbezu war –, dass dohanert sech natierlech och e groust Fragezeiche géif opdoen, ob dee System géing fonctionnéieren an ob e finanzéierbar wär.

Mir waren eis och deemools heibannen eens, datt bei esou engem grouse Gesetz wéi dat eent war, dat, wéi all déi aner grouss Gesetzer aus der Sozialgesetzgebung, ni wäert zu honnert Prozent perfekt sinn, a wéi all déi aner Gesetzer och a regelméissegem Ofstänn erëm frësch op de Leescht muss geholl ginn an erëm ugepasst muss ginn un déi aktuell Situatioun.

Duerfir hate mer och en éischten Débat, en éischten Zwëschebilan am Mee 2001 schonn hei iwwert dat Gesetz. Haut gëtt dann erëm eng nei Etapp an deem Gesetz hei geschriwwen, wou, wéi d'Madame Rapportrice et hei opgezielt huet, am Fong fënnf Haaptziler mat deem Gesetz verfollegt ginn, op déi ech net méi brauch weider anzegeen, well meng Virriedner dat gemaach hunn.

Dat ass d'Commission de la qualité des prestations; et ass d'Flexibilitatioun vu verschiddene Leeschtungen, virun allem d'Ofschafe vum minimale Seuil fir d'Leeschtungen, well am Fong, géif ech mengen, mir alleguer, déi mir jo ganz dacks vu Leit ugeschwat ginn, wann iergendwéi e Besoin besteet bei de Fleegeversécherungen oder eng Reklamatioun besteet, gemierkt hunn, datt dat ee vun deene

Punkte war, op deem ee regelméisseg vun de Leit gesot krut, datt se net richteg averstane waren oder net verstanen hunn, datt eng Fleeg eben esou prezis géing ofgerechent ginn, wéini datt se géing ulafen.

D'Naturalleeschunge gi vu 24,5 op 38,5 Stonnen eropgesat; et ginn d'Etappe vun der Prozedur nei definéiert; d'Relatiounen mat de Prestataire ginn nei formuléiert; an dräi Beräicher kënnen Kaderkonventionne gemaach ginn, an d'Prestatioun en espèces.

Här President, wéi mer dat Gesetz hei 1998 geschaf hunn, war eng vun de Froe déi vun der Finanzéierung. Mir waren eis deemools parteiwwergräifend eens ginn, wéi mer deen 1% Cotisatioun agefouert hunn, datt mer dee géifen op alle Revenuen aféieren. Mir waren deemools an der Kommissioun der Meenung, datt dat a verschiddene Kreeser géif op eng Oppositioun stoussen, a mir waren zwar dunn iwwerrascht, datt ee bis haut nach néierens am Fong eng Oppositioun géint déi Iddi fonnt huet. Et war awer dat e wesentleche Schratt, dee mer deemools decidéiert hunn, datt mer déi eeprozenteng Cotisatioun op alle Revenuen agefouert hunn, an eis och domadder erlaabt hunn, eis e finanziellt Polster ze verschafen, dat déi Fleegeversécherung hei finanziell op sécher Féiss setzt.

Wat nach wichteg war deemools, wou mer am Fong aus der Erfahrung eraus geléiert haten, dat ass, datt mer direkt nëmme méi eng Kees gemaach hu fir sämtlech Assuréeën aus dem ganze Land, egal a wat fir engem Secteur se schaffen. Wa mer kucken, wat fir ee Wee mer mat eise Krankekeese gaange sinn, déi fréier, uganks vum leschte Jorhonnert, am Fong als betriblech Krankekeesen entstane sinn, da war dat ee laange Wee, dee mer gaange sinn, bis mer haut eng Union des caisses de maladie hunn an awer doniewent nach administrativ déi eenzel Keese bestoen hunn, obscho se alleguer ënert déiselwecht Gesetzgebung falen. Mir hunn et bei de Pensiounskeese gesinn, wou mer wuel nach déi verschidde Pensiounskeesen hunn, mä awer och alleguer ënnert ee Gesetz falen.

Ech mengen, aus all deem hu mer geléiert, a mir hunn, wéi mer d'Fleegeversécherung agefouert hunn, direkt nëmme méi eng Versécherung fir sämtlech Leit aus dem Land gemaach. Mir konnten an den éischte Jore Reserven uleren. An et muss ee wëssen, datt deemools, wéi dem Stat seng Participatioun fixéiert ginn ass 1998, dat am Fong de Revers war vun deem, wat de Stat virdrun iwwer verschidde Budgetsartikelen, verschidde Ministären fir d'Fleeg bezuelt huet. Déi Participatioun ass deemools chiffriert ginn, a mir sinn dunn op dee Prozentsaz komm vu 45. An dat huet zesumme mat där eeprozenteger Cotisatioun dozou gefouert, datt mer zolidd Finanzsituatioun konnt kréien.

2004 hu mer elo déi éischte Kéier en Defizit gemaach vu 16 Milliounen Euro. Wann een dat kombinéiert mat der Alimentatioun vun de Fongen, sinn et der 21. A mir mussen awer och wëssen, datt ebe grad an deem Joer och iwwert de Statsbudget d'Participatioun vu 45 op 40% erofgesat gi war fir ee Joer.

Ech mengen, et muss ee wëssen, datt mer eise Sozialversécherungssystem ëmmer mëttel- a souguer laangfristeg mussen ofsécheren. Déiselwecht Diskussioun hu mer bei de Pensiounskeesen, wou mer net midd ginn, fir och dorop hinzeweisen, wann ëmmer erëm Leit mengen, well do grouss Reserve wieren, da wier eben elo vläicht bei enger staatlecher méi schwieriger finanzieller Situatioun e Grëff an d'Pensiounskeesen dann einfach toleréiert. Mä et muss een dann ëmmer wëssen, datt een domadder mëttel- oder laangfristeg déi Pensiounskeese belaascht an

dann eben d'Leeschtungen a Fro stellt.

An datselwecht ass, mengen ech, hei bei der Fleegeversécherung de Fall. Doduerch datt de Stat also eng Kéier seng Participatioun erofgesat huet, ass och direkt déi Pensiounskeess defizitär an deem Joer ginn. Mir hunn also alleguer en Intérêt, datt déi Reserven, déi am Abléck 80 Milliounen Euro ausmaachen, bestoe bleiwen, fir och mëttel- a laangfristeg deene Leit, déi e Besoin hunn, eng Fleeg vun héijer Qualitéit kennen unzibidden.

Mir wëssen alleguer, deemools wéi mer vun der Fleegeversécherung geschwat hunn, si Chiffere genannt gi vu 7 bis 8.000 Leit – dorunner kann ech mech erënneren –, vun deene mer gemengt hunn, déi géifen eng Demande maachen, fir vun der Fleegeversécherung ze profitéieren. Mir wëssen, datt déi Zuel eropgaangen ass.

An ee vun de Problemer, deen zwar domat zesummenhänkt, dat ass, datt et eis bis haut ni richteg gelongen ass, fir d'Waardezäiten ofzeschaffen an op e wierklech verstännegen Délai ze reduzéieren, während deem d'Leit waarde mussen, bis se eng Äntwert oder eng Décisioun fir hir Demande kréien.

Mir hunn haut nach, wéi gesot, 2.500 Dossieren do leien. Mir wëssen, wat pro Mount verschafft gëtt, an ech géif och do den Appel un de Minister maachen, datt mer wierklech mat alle Méiglechkeete versichen, fir déi Délaien erofzesetzen, well et sinn am Fong dat nach déi eenzeg Reklamatiounen, oder de Gros vun de Reklamatiounen, déi un een erugedroe ginn, datt d'Leit einfach ze laang op eng Äntwert op eng Demande waarden.

Et muss een awer soen, datt déi Leit, déi responsabel sinn an der Verwaltung mat relativ vill Mënschlechkeet un déi Dossieren eruginn, an datt och net do – wéi soll ech soen? – à la lettre vum Gesetz mordicus agéiert gëtt, mä datt déi Leit och gesot kréien, datt dat retroaktiv op Grond vum Délai, wou se hir Demande maachen, zrëckgeet. Och do, mengen ech, muss ee feststellen, datt zwar e Maximum gemaach gëtt, mä dat Optimaalt wier selbstverständlech, wa mer et géife fäerdeg bréngen, dat op vernünfteg Délaien zrëckzeschrauben.

Eent vun den Haaptziler deemools war, fir der Fleeg doheem eng gewësse Prioritéit ze ginn. Dat ass eis, mengen ech, mat deem Gesetz gelongen. Well, wa mer wëssen, datt mer haut bal 5.000 Leit an deem Secteur beschäftegen, a wann een duerch d'Land geet, gesäit een all Dag där Autoe vun deene Réseauen doruechter zirkuléieren, da gesäit een, wat do eppes entstanden ass, wat mer eis sécherlech net an där Gréisstenuerdnung 1998 virgestallt hunn, mä wat enorm wichteg ass, well esou vill Leit haut doheem, do wou se am léifste sinn, kënnen hir Fleeg kréien. Se kréien eng gutt Fleeg; si kréien eng optimal Fleeg, an dat war wierklech e wäertvolle Schratt, dee mer hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn. Wäertvoll ass och, datt d'Leit net nëmmen, wa se fleegbedürfteg sinn, Kierperfleeg kréien, mä datt se och, wann Nout um Mann ass, doheem iwwerall do Hëllef kréien an Infrastrukturen, fir sech a Better, Rollstill oder fir sech vun engem Stack op deen aneren ze bewegen.

Wann een dat haut virun zéng Joer gesot hätt, hätte wahrscheinlech vill Leit net gemengt, datt mer eng Kéier sou wäit géife kommen. Et ass also insgesamt eng ganz positiv Entwécklung, déi een am Kader vun der Fleegeversécherung muss feststellen. Ech mengen, mir hätten alleguer en Intérêt, datt mer eis als

Gesellschaft dee Moyer ginn, well et muss ee jo och wëssen, datt ëmmer méi Leit, vu datt mer méi al ginn, fleegbedürfteg ginn. An alleguer mir, déi d'Chance haut hunn, net an deem Fall ze sinn, kënnen awer zu engem gudden Deel selwer och eng Kéier an dee Fall kommen, vun där Fleegeversécherung hei mussen Gebrauch ze maachen.

Dofir hu mer also en Intérêt, datt mer eng Fleegeversécherung opbauen, déi laangfristeg finanzéierbar ass, déi eng optimal Konditioun gëtt an déi all Mënsch, egal a wat fir enger sozialer Schicht hie sech beweegt, déiselwecht qualitativ héich Fleeg zoukomme léisst. Dofir wëll ech och vun eiser Säit aus all deene Leit Merci soen, déi an deem Domän schaffen, souwuel deenen, déi um Terrain schaffen, an den Häiser schaffen, wéi deenen, déi an de Verwaltungen schaffen, datt se hei eng wierklech gutt Aarbecht maachen.

Eleng d'Tatsaach, datt mir heibannen haut wéineg Reklamatiounen, oder bal keng Reklamatiounen méi iwwert de Fonctionnement vun der Fleegeversécherung hunn, bedeit, datt op där anerer Säit déi Fleeg vis-à-vis vun deene Mënschen do alleguer maachen. Duerfir ass et eng Selbstverständlechkeet, Här President, datt mir d'Zoustëmmung zu deem Projet wäerte bréngen.

Duerfir eise Merci un alleguer déi Leit, déi dagdeeglech do eng wuel schwéier awer nobel Aarbecht vis-à-vis vun deene Mënschen do alleguer maachen. Duerfir ass et eng Selbstverständlechkeet, Här President, datt mir d'Zoustëmmung zu deem Projet wäerte bréngen.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Elo huet d'Regierung d'Wuert. Här Minister, wann ech gelift.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, et ass näischt zu deem bäizefügen, wat vun alle Bänken hei festgestallt ginn ass, wann et ëm de Prinzip selwer vun der Fleegeversécherung geet. D'Fleegeversécherung ass a bleift e wichtege Piler vun eisem Sozialsystem.

D'Fleegeversécherung huet sech bewäert, a si ass net méi ewechzedanken. D'Gesetz iwwert d'Fleegeversécherung ass awer ee Gesetz, dat wahrscheinlech ni fäerdeg wäert sinn, mä dat dauernd un nei Realitéite muss ugepasst ginn, esou wéi dat bei anere fundamentale Gesetzer an der Sécurité sociale ass. Wann een do stoe bleift, geet een zrëck. Esou dass dat hei eng weider Etapp an der Fleegeversécherung ass, sécher awer net déi lescht.

De Projet, iwwert dee mer haut schwätzen, huet sécher net déiselwecht Envergure wéi den urspréngleche Projet, mä bréngt eng Rei vun Adaptatiounen, déi sech um Terrain als noutwendeg erweisen hunn. De Projet soll d'Méiglechkeet ginn, fir sech méi staark a Qualitéit ze engagéieren an eng méi staark Flexibilitéit, do wou se noutwendeg ass, eranzebréngen, méi Kontrollméiglechkeeten och ze schafen, souwuel wat d'Quantitéit vun de geleeschten Akten, mä och wat d'Qualitéit vun de geleeschten Akten ugeet. De Projet soll och d'Verantwortung an d'Partnerschaft promouvéieren, déi noutwendeg sinn, fir dese fundamentale Projet, dat Regelwierk, um Liewe kënnen ze halen.

De Projet consacréiert och eng Rei vun Initiativen a Saachen Innovation, déi och hir Plaz an der Fleegeversécherung huet, iwwert d'Projets d'actions expérimentales, an eppes, wat mir besonnesch um Häerz läit, wat ee vläicht nach net an deem Mooss am Beräich vun der Fleegeversécherung erëmfënnt, datt ass de Punkt vun der Preventioun vun der Dépendance. D'Rehabilitatioun kritt vill Gewicht

an der Fleegeversécherung, mä d'Preventioun insgesamt an alle Liewensphasen, déi kann derzou bäidroen, dass een d'Dépendance verhënnert, oder jiddefalls wäit erausschiebt. Dat ass ee vun deene Punkten, déi mer an nächster Zukunft nach méi staark mussen besetzen.

Ech wëll just eng Rei vun Detailer zum jëtzege Zäitpunkt iwwert de Succès vun der Fleegeversécherung ginn, duerch déi an der Zwëschenzäit iwwer 8.000 Leit profitéieren vun deene verschiddenste Prestatiounen. Dat sinn ëmmerhin 1,7% bis 1,8% vun der Gesamtbevölkerung. Wann ee Leit hält, déi iwwer 80 Joer al sinn, esou ass ee vu véier, dee vun de Prestatiounen vun der Fleegeversécherung profitéiert.

Wann een elo kuckt déi Ayant-droit, déi Leit, déi an de Genoss vun der Fleegeversécherung kommen, esou liewe 65% weiderhin doheem an hirer Famill a 35% sinn an Institutiounen, sinn an Infrastrukturen. Esou dass een haut scho ka soen, dass eent vun den Haaptziler, déi d'Fleegeversécherung hat, wéi mer se an den 90er Jore preparéiert hunn an 1998 gestëmmt hunn, dass dat Zil erreecht ginn ass. A wann een och de Bilan zitt vun dem Käschtepunkt vun de Soins à domicile an de Soenen an den Institutiounen, esou muss ee feststellen, dass een och do um richtege Wee ass, wann een den Akzent op de Maintien à domicile leet.

Zënter dass d'Fleegeversécherung a Kraaft ass, sinn 38.000 Demandé fir Hëllef an der Rahme vun der Fleegeversécherung agereecht ginn. Et muss ee soen, dass mer elo de Rythme de croisière erreecht hunn, wou ëm 500 bis 600 – an der leschter Zäit ëm 600 – Demanden de Mount erakomme fir d'Hëllef. Wéi d'Gesetz a Kraaft gesat ginn ass, louche mer tëschent 300 a 400.

Wann een elo déi Period tëschent 2001 an haut kuckt, wéi et mat der Evolutioun vun den Demanden ass, da muss ee feststellen, dass haut 57% méi Demanden erakomme wéi am Ufank. Ronn 30.000 Leit vun deenen 38.000, déi Demandé gemaach hunn, sinn an der Zwëschenzäit an iergendenger Phas vun hirem Liewen an de Genoss vun de Prestatiounen vun der Fleegeversécherung komm. Do gesäit een also, dass vill vun deenen, déi eng Demande maachen, och an de Genoss vun den Hëllef kommen.

Wann een elo kuckt, wéi d'Evolutioun an den Etablissementer war, esou si mer tëschent 1999 an 2004 vun 2.300 Leit, déi an den Institutiounen waren, op 3.200 haut an d'Luucht gaang. Beim Domicile ass d'Progressioun nach vill méi spektakulär. Do hate mer am Joer 1999 ronn 2.700 Leit, déi dovun profitéiert hunn. Haut sinn et der 5.500. Et ass also eng ganz spektakulär Evolutioun. D'Zuel vun deene Leit, déi an de Genoss vun der Fleegeversécherung kommen, déi steigt am Rhythmus vun 12% bis 13% am Joer. Se steigt méi staark am Domicile wéi an den Institutiounen.

Bei den techneschen Hëllef, wat och ee wichtege Volet ass vun der Fleegeversécherung, wou Leit déi technesch Hëllefsmëttele kréien, déi se brauchen, fir besser kënnen ze liewen, esou muss ee soen, dass och do zënter der Aféierung vun der Fleegeversécherung ganz vill Leit dovun profitéiert hunn: iwwer 20.000 Leit.

Wann een elo kuckt, an et ass vläicht awer interessant, fir eng Kéier e bësse méi gräifbar ze gesinn, wat d'Fleegeversécherung deem Eenzelnen da pro Mount am Duerchschnëtt bréngt, esou ass dat Resultat och zimlech spektakulär. An de Centres intégrés ass dee Beitrag vun der Fleegeversécherung vun Joer 2000 op d'Joer 2004 vun 2.700 Euro de Mount op 3.500 Euro de Mount an d'Luucht gaang. Bei de Maisons de soin ass



se vun 3.200 Euro op 4.100 Euro de Mount an d'Luucht gang. Dir gesitt also, dat ass ganz spektakulär!

An och, wann d'Leit d'Frais d'hébergement dann nach ze bezuelen hunn, déi relativ héich sinn – dat muss ee soen, an doriwwer därerf een och eng Kéier a Rou diskutéieren –, esou ass et awer spektakulär, wat de Soinsvolet an den Hëllefsvolet ausmécht. Dat kéint kee vu sech selwer iwwerhuelen. Deen 1% Cotisation, deen haut all Stot oder jiddferen, deen an Zukunft dovum profitéiert, investéiert, ass gutt investéiert Gelder.

Wann een dat hei emol esou plastesch géintwuer gesäit, da sinn och fir d'Zukunft, wann een iwwert d'Stellen hannert dem Komma schwätzt, déi een adaptéieren muss, da sinn déi ze relativéieren an ze nuancéieren, wann ee gesäit, wat ee vu Leeschtungen duerfir kritt.

Bei de Prestatiounen doheem ass d'Evolution och net onbeträchtlech. Am Joer 2000 louch den Duerchschnittsmontant bei 1.935 Euro – kommt mer soen 1.950 Euro – an am Joer 2004 bei ronn 3.000 Euro. Dir gesitt also och do, wat de Betrag oder de Géigewäert an Euro vun deene Leeschtungen ass, vun deenen d'Leit profitéieren, an och – an et ass virdru vun der Rapportrice gesot ginn –, wéi d'Geldleeschtungen evoluéiert sinn. Vum Joer 2000 u sinn d'Geldleeschtunge vu 560 Euro am Duerchschnitt am Mount op 732 Euro am Duerchschnitt fir d'Aidant-informellen an d'Luucht gaang; och do kann een also net soen, dass et keng seriö Evolution géif ginn.

Wann een dann elo kuckt, wéi vill Leit dass just vu Prestations en nature, wéi vill der just vu Geldleeschtungen a wéi vill der kombinéiert vu Geldleeschtungen an Naturalleeschtunge profitéieren, sou sinn et der bei reng eleng Naturalleeschtungen 13,8%; bei renger Geldleeschtunge ronn 40% a bei kombinéiert Leeschtunge sinn et der ëmmerhi 46,8%.

Spektakulär ass och d'Evolution vun dem Personal. An do erlaabt Der mer awer vläicht eng Kéier e bësse méi kloer op eng Diskussion anzegoen, déi mer ëmmer d'Tendenz hunn, souwuel an der Gesondheet wéi bei de Services sociaux ze féieren.

Mir hunn d'Tendenz, fir heiansdo ze vergiessen, dass Liewensqualitéit, souwuel wat d'Gesondheet ugeet wéi wat d'Dépendance ugeet, net nëmme eppes kascht, mä ganz vill bréngt.

Éischtens bréngt et deene Leit, déi déi Prestatiounen kréien, ganz vill. An déi Services sociaux oder déi Services d'intérêt général sinn net nëmme e Käschtefaktor, mä sinn an der Tëschenzäit ee ganz wesentlechen ekonomesche Faktor ginn a sinn e ganz eminente Faktor a Saachen Emploië ginn. Wann een deen heite Beräich kuckt, wéi do déi sécher Aarbechtsplazen vum Personal an deene leschte Joren evoluéiert hunn, ass dat ganz spektakulär. An den Etablissements ass d'Zuel innerhalb vu fënnf Joer vun 2.400 ronn op 3.500 ronn an d'Luucht gaang.

Wann een elo d'Vollzäitleit hält, dann ass d'Zuel vun 1.200 Vollzäitbeschäftegten, équivalent am temps plein ETP – mä dat ass relativ schwéier fir mat deene Begrëffer do ronderëm sech ze werfen –, och relativ spektakulär vun 1.216 an den Etablissements op iwwer 2.000 eropgaangen.

A bei de Réseauen ass d'Evolution nach vill méi spektakulär, souwuel bei der Gesamtzuel vun de Leit, déi do schaffen, wou innerhalb vu fënnf Joer d'Zuel vun de Beschäftegte vun 1.120 op 1.890 an d'Luucht gaangen ass, wéi och a Saachen équivalent Vollzäitbeschäftegt, där hir Zuel sech méi wéi verdäifacht huet. An dat ass spektakulär!

Et muss een also soen, dass mer engersäits d'Liewensqualitéit hunn, déi ganz vill bruecht huet fir d'Leit – selbstverständlech och mat engem Käschtepunkt, ech kommen herno nach kuerz dorop zrëck –, mä anerersäits och eng Evolution am Emploi hunn, déi ganz positiv ass, an déi een net soll vergiessen, wann ee vum Käschtepunkt vun der Gesondheet, vun der Dépendance schwätzt, well dann ass dat een Element, dee leider allze oft ënnert den Teppech gekiert gëtt; an ech mengen, dofir si mir do, fir dorop hinzewiesen.

Ech wëll och dorop hiweisen, dass bei där Steigerung vun der Aarbecht, déi op eis Leit zoukomm ass, déi Zuel vun de Leit, déi an der Cellule schaffen, also do schaffen, wou d'Bewäertungen, wou d'Kontroll gemaach ginn, nach ëmmer relativ bescheide bleift. Et si ronn 40 Vollzäitbeschäftegter, a wann een d'Deelzäitbeschäftegter hält, da sinn et der 42, déi op deenen doten Dossiere schaffen.

An do soll een emol eng Kéier dovum profitéieren, fir ze soen, dass eng excellent Aarbecht do geleescht gëtt, och wann heiansdo vu Retarde geschwat gëtt. Jo, do kann een driwwer schwätzen, mir hunn déi Retarden, déi mer am Ufank haten, net voll konnte resorbéieren, mä si sinn awer elo stabil.

An dat, wat de Carlo Wagner virdru gesot huet, ass ganz richtig: Mir hunn zwar nach ëmmer Retarden, mä mir hunn eis d'Instrumenter ginn, fir d'Retarden, déi do sinn, fir d'Leit ouni Konsequenzen oder ouni gréisser Konsequenzen ze halen, doduerch dass an der Praxis mat ganz grousser Flexibilitéit op déi Problemer kann agaange ginn, wéi vum éischten Dag un Droit op d'Leeschtungen, urgent Fäll, déi gutt opgefaang kënnen ginn an esou weider, ech vergiessen der sécher, mä do ass um Terrain der Situatioun Rechnung gedroe ginn.

A wann een déi Waardezäite kuckt, oder wann een déi Zuel vun deenen Dossieren, déi a Bearbechtung sinn, kuckt, da kennt een heiansdo zu falsche Konklusiounen, well et kéint een zur Konklusioun kommen, dass déi Leit net Recht op Leeschtungen hunn. Dat ass awer net esou, dat sinn éischter statistesch Zuelen, déi awer net de Problemer um Terrain entsprechen, déi Problemer ginn opgefaangen. Also, ech hu gesot, dass bei Urgencë flexibel reagéiert ka ginn, a selbstverständlech och bei der Ouverture vum Droit op d'Leeschtungen, déi vum éischten Dag un entstinn.

Vu mir aus vläicht nach eng Kéier drop insistéiert, dass d'Fleegeversicherung also sonder Zweifel engem reelle Besoin entsprach huet an dass d'Introductioun ganz ville Leit an hire Familljen, also net nëmme de Leit, mä och hire Familljen, eng ganz seriö Verbesserung bruecht huet.

Da vläicht eng Rei vu Stellungnahmen zu deenen eenzelne Riedner, wou ech fir d'éischt der Madame Lydia Mutsch wëll en härezeleche Merci soen an der ganzer Kommissioun, selbstverständlech och dem Martin Bisenius, fir déi excellent Aarbecht an déi Flexibilitéit, déi si haten, an enger komplizierter Matière, fir kënnen eenzel Amende-menter nozeschéissen, déi eis et awer erlaben, mengen ech, dass mer elo een anstänneg Gesetz hei hunn.

Vun der Madame Stein an och vum Carlo Wagner ass op d'Käschtenentwicklung agaange ginn. D'Madame Stein huet eng Rei vun Iwwerleeunge gemaach, déi a Richtung Action concertée oder Steiergrupp ginn, an de Carlo Wagner huet zu Recht festgestallt, dass den Defizit, mat deem mer éischtmoleg am leschte Joer konfrontéiert waren, net dramatesch ass.

Alles ass richtig, mä mer müssen oppassen. An ech mengen, dass mer Intérêt hunn an der Fleegeversicherung eng ähnlech Démarche

ze maachen, wéi mer si bei der Krankeversicherung entaméiert hunn, also a Rou – dat kënnen mer eis elo nach erlaben, well mer nach Reserven hunn – ze kucken, wou et sech ganz gutt entwéckelt, wou Evolutionne sinn, déi net esou glécklech sinn, an och do, wou vläicht d'Ham heiansdo an der Mëllech gekacht gëtt, oder wou ee Feelentwécklung ka feststellen, awer a Rou, net mam décken Hummer a virun allem net verfréit Saachen a Fro stellen, déi een net soll lichtfankech a Fro stellen.

Ech wollt lech just ee Wuert soen iwwer eis Démarche. Mir hunn zënter enger Rei vu Méint e Steiergrupp agesat vun de Leit vum Terrain, déi en detailléierte Bilan iwwert d'Entwécklung solle maachen, an dann, wa mir dee Bilan hunn, kënn d'Action concertée – wou ech frou sinn, dass se verankert bleift an dësem Gesetz – an d'Spill, wou mer mat de Partner alleguer déi Problemer, déi mer opdecken, wëllen ugoen an och Äntwerten dorop ginn. Mir kënnen si vläicht net alleguer ginn – et bleiwen der –, mä et ass jiddefalls eng Démarche, déi sech bewäert huet.

Ech mengen, dass d'Defiziter effektiv net ze dramatiséieren sinn. Déi vum leschte Joer sinn zur Halschent dorop zrëckzeféieren, dass am Joer 2004 de Stat seng Participatioun vu 45 op 40% gesenkt huet, déi ass an der Zwëschenzäit vum 1. Januar 2005 erëm op 45% erhéicht ginn, esou dass ech haut – ech hunn dat bis elo net gemaach – meng Kollege vum LCGB, déi mech am Oktober dozou opgefuerdert haten, oder d'Regierung opgefuerdert haten, fir erëm op déi 45% zrëckzekommen, ka soen, dass ech ganz gär déi dote Forderung retroaktiv op den 1. Januar 2005 ugehall hunn.

Mir ware vläicht ze diskret an deem doten Dossier. Et sinn Einzelner, déi mengen, mir wäeren ze séier an deem doten Dossier gewiescht, mä bon, ech mengen, do loosse mer eis kee schlecht Gewësse maachen.

Bei der Nuetsbetreierung, do ass et esou, dass mer amgaange si mat de Partner an engem klengen Aarbechtsgrupp ze kucken, wou déi Nuetsbetreierung a wierkelech ganz haarde Fäll noutwendeg ass, a mir wäerte kucken, no wat fir enge Kritären een déi Nuetsbetreierung ka maachen, fir dass et net zu enger Explosioun op deem dote Punkt kënn. Dat wäert ee vun deene Projets d'actions expérimentales ginn, wou d'Projet gedeckelt si mat mat engem Betrag, dee jährelch kann zur Verfügung stoen.

De Carlo Wagner huet drop higewisen, dass et keng fundamental Divergenzen zwëschent deem urspréngleche Projet, deen abruecht ginn ass, an deem jëtzege gëtt. Et ass eng Nuance, nämlech dass déi puer spezifesch Krankheeten, déi ënnert dem Seuil vun 3,5 Stonne en considératioun geholl gi sinn, an dësem Projet bäibehale ginn – wat, mengen ech, och keng grouss Protester wäert ginn.

Zu deenen Aussoen, déi de Félix Braz gemaach huet, géif ech mengen, dass d'Regierung d'Motioun kann unhuelen. Allerdéngs ass dat hei een Element nëmme vun deenen Donnéeën, déi ee brauch, an ech wëll drop hiweisen, dass an de Réseauen, an den Haiser eng Rei vu ganz gudden Initiative bestinn, wou iwwer e Carnet vun de Patienten dat do weidergeleet gëtt. Ech weess dat, well ech virun e puer Wochen dorop higewise gi si vu mengem Kolleg, dem John Castegnaro, dass dat bei Help besteet. Ech ginn dovun aus, dass et an anere Formen och an anere Réseauen besteet. Wann dat net sollt de Fall sinn, dann exemple jiddefalls à suivre.

Dann, mengen ech...

**M. le Président.** - Här Minister, Dir musst zum Schluss kommen; ech hunn lech schonn e bëssen Zäit dobäiginn.

**M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Ech sinn direkt fäerdeg, Här President, ech kommen direkt zur Konklusioun. Dat ass ganz léif.

De Mëssverständnis beim Här Braz: Et ass ni eng Liste unique ginn. Mir hunn déi ëmmer gefuerdert, mä si ass ni komm. Ech wëll lech awer soen, dass ech zesumme mat de Réseauen, dass ech zesumme mat den Institutionen de Wonsch geäussert hunn, fir esou e „Samu dépendance“ kënnen op d'Been ze setzen, wou mer sollen zesumme kucken, dass mer an extreme Fäll, déi direkt müssen erakommen, do eng Méiglechkeet kréien, fir dat ze maachen.

Dann zu den Auslandspatienten ass richtig gesot ginn, dass nach ëmmer Patienten am Ausland sinn – Personnes dépendantes am Ausland. Genée ze chiffrieren ass et net. Et sinn eng Rei vu Leit, déi fräiwëlleg, och weinst Käschtegrënn an d'Ausland ginn. Anerer hu vläicht net zum richtigen Zäitpunkt eng Plaz kritt, hunn hire Familljemember an d'Ausland ginn an huele se vläicht net méi gär direkt zrëck. Bei anere Fäll wär d'Bereetschaft do, fir hei op Lëtzebuerg ze kommen, an do musse mer effektiv duerno kucken.

Als Konklusioun wollt ech alle Kollegen, déi hei eng ganz nuancéiert an och eng ganz engagéiert Positioun pro Fleegeversicherung geholl hunn, en härezeleche Merci soen. Deene Leit, déi um Terrain schaffen, drécken ech meng Unerkennung aus fir hiren Asaz an engem net einfachen Domän. A meng Freed wëll ech och doriwwer ausdrécken, dass mer deen heite Projet nach virum Enn vum Joer konnte stëmmen.

Villmools Merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstention.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullén, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, MM. Ben Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

**Motion 1**

Mir hunn nach d'Motioun, déi déposéiert ginn ass vum Här Braz. Kënnen mer par main levée ofstëmmen?

**(Assentiment)**

Wien d'accord mat der Motioun, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

**Vote**

Ech gesinn, dass d'Motioun eestëmmeg ugehall ass.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eiem Ordre du jour, der Diskussioun vum Projet de loi 5478 iwwert de Patrimoine culturel. Bis elo sinn ageschriwwen d'Madame Flesch, den Här Scheuer, den Här Adam an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Martine Stein. Madame Stein, wann ech gelift.

## 4. 5478 – Projet de loi portant approbation de la Convention pour la sauvegarde du patrimoine culturel immatériel, adoptée par la Conférence générale de l'UNESCO à Paris, le 17 octobre 2003

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture**

**Mme Martine Stein-Mergen (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi ass also ënnert der Nummer 5478 den 23. Mee 2005 vum delegéierten Ausseminister Nicolas Schmit an der Chamber deponéiert ginn an dat Gesetz besteet aus engem eenzegem Artikel: „Est approuvée la Convention pour la sauvegarde du patrimoine culturel immatériel, adoptée par la Conférence générale de l'UNESCO à Paris, le 17 octobre 2003.“

Bei dësem Projet de loi handelt et sech also ëm d'Approbatioun vun enger internationaler Konventioun vun der UNESCO iwwert déi immateriell Kulturgidder, déi vun der Generalkonferenz vun der UNESCO zu Paräis vun enger écrasanter Majoritéit ugehall ginn ass. Ech brauch lech net ze soen, dass mir als Land säit 1947 Member vun der UNESCO sinn.

Den Avis vum Conseil d'État ass de 25. Oktober 2005 ukomm, an an hire Réunioun vum 12. Dezember 2005 huet d'Kulturkommissioun de Projet diskutéiert a mech als Rapportrice nominéiert. De Rapport ass de 14. Dezember vun dësem wechter Kommissioun ugehall ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat versteet een ënnert dem Patrimoine culturel immatériel? Et handelt sech hei ëm Praktiken, Spektakelen – net am Sënn vu Kaméidi, mä am franséische Sënn vu Spectacle –, Expressiounen, Wëssen awer och Savoir-fairen, déi zum kulturelle Patrimoine vu Communautéiten, Länner, Gruppe gehéieren, déi vu Generatioun zu Generatioun weidergi ginn, an déi dëse Gruppen eng gewëssen Identitéit an och eng gewëssen Kontinuitéit vermëttelen.

Heizou gehéiere Sproochen, Museksformen, Theater, sozial a rituell Praktiken, esou wéi d'Fäerdegkeet vu verschiddene lokal gebonnenen Handwierken. Wie sech fir eng Illustratioun vun dëser Opzielung interesséiert, dee kann op den Internetsite vun der UNESCO goen – //portal.unesco.org. Do gesäit een all déi Elementer; et sinn der am Ganze bis elo 47, déi schonn op esou enger Lëscht stinn.